

Da stëmme mer of iwwert de Projet mat Aserbajdschan.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 5799 et dispense du second vote constitutionnel

De Vote fänkt un. De Vote ass ofgeschloss. De Projet de loi 5799 ass ugeholl mat 56 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener (par Mme Christine Doerner), Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Martine Stein-Mergen), MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Ober-

weis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Roland Schreiner), M. Fernand Diederich (par M. Marc Angel), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri (par M. John Castegnaro), Jos Scheuer, Romain Schneider (par M. Jean-Pierre Klein) et Roland Schreiner;

MM. Eugène Berger (par M. Xavier Bettel), Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M.

Alexandre Kriepps), M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch (par M. Fernand Etgen), MM. Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Kriepps et Claude Meisch;

MM. Claude Adam (par M. Félix Braz), François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. François Bausch) et Henri Kox;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Mercredi, 29 avril 2009

SÉANCE 45

Dann ass et esou decidéiert. Merci un de Vertrieder vun der ADR.

Domadder si mer um Enn vun eisen Aarbechte vun haut ukomm. Den nächste Rendez-vous ass muer de Mëtteg um hallwer dräi.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 16.48 heures)

Jeudi, 30 avril 2009

Présidence: M. Lucien Weiler, Président M. Jos Scheuer, Vice-Président

Sommaire

1. 5975 - Projet de loi portant création d'une École de la 2° Chance

- Rapport de la Commission de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle: M. Fernand Diederich
- Discussion générale: Mme Françoise Hetto-Gaasch, M. Eugène Berger, M. Ben Fayot, M. Claude Adam, M. Robert Mehlen, M. Aly Jaerling (dépôt d'une motion), Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle
- Motion 1: Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle
- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- Vote sur la motion 1 (rejetée)

2. Dépôt d'un projet de loi

- Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration

3. Dépôt d'une motion par M. Robert Mehlen

- M. Robert Mehlen

4. 5985 - Projet de loi autorisant la participation de l'État à la construction d'une maison de soins à Vianden

- Rapport de la Commission de la Famille, de l'Égalité des chances et de la Jeunesse: M. Jean-Paul Schaaf
- Discussion générale: M. Fernand Etgen, M. Romain Schneider, Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration
- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

5. 5984 - Projet de loi modifiant la loi du 30 juin 2004 portant création d'un cadre général des régimes d'aides en faveur du secteur des classes moyennes

- Rapport de la Commission des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement: M. Lucien Clement
- Discussion générale: M. Fernand Etgen, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Jacques-Yves Henckes, M. Aly Jaerling, M. Fernand Boden, Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement
- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

6. 5925 - Projet de loi portant modification:

- de la loi modifiée du 15 décembre 1993 déterminant le cadre du personnel des administrations et des juridictions de la sécurité sociale, et
 - de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État
 - du Code de la sécurité sociale
- Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale: M. Romain Schneider
 - M. Fernand Boden, Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Fernand Boden, Mmes Marie-Josée Jacobs et Mady Delvaux-Stehres, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.31 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber iergendwelch Matdeelungen ze maachen?

Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.- Neen, Här President.

M. le Président.- Merci, Madame Delvaux.

Den éischte Punkt um Ordre du jour haut de Mëtteg ass de Projet de loi iwwert d'École de la deuxième chance. De Rapporteur ass den honorabelen Här Diederich an et si bis elo ageschriwwen: d'Madame Hetto, den Här Berger, den Här Fayot, den Här Mehlen an den Här Jaerling. D'Wuert huet elo de Rapporteur, den honorabelen Här Diede-

1. 5975 - Projet de loi portant création d'une École de la 2° Chance

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle

M. Fernand Diederich (LSAP), rapporteur.- Här President, Madame Minister, Kolleeginnen a Kolleegen, dëse Projet de loi ass den 23. Dezember 2008 duerch d'Madame Minister vun der Éducation nationale déposéiert ginn. Avisé sinn erakomm vun der Chambre des Salariés, vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics, vun der Chambre des Métiers a vun der Chambre de Commerce. An dräi Sitzungen ass de Projet virgestallt an diskutéiert ginn.

Den Avis vum Statsrot datéiert op den 31. März. An der Sitzung vum 2. Abrëll huet d'Kommissioun eng Rei Amendementen adoptéiert. Den Avis complémentaire vum Statsrot vum 21. Abrëll ass den 23. Abrëll vun der Kommissioun aviséiert ginn. An där Sitzung ass och dëse Projet de rapport ugeholl ginn.

Den Objet vum Gesetzesprojet besteet doranner, eng legal Basis ze schafe fir d'Émsetzung vun enger neier Unterrechtsstruktur fir all déi Schüler, déi weinst schouleschem Mësserfolleg, weinst Mangel un der Motivation oder well se de falsche Choix getraff hu bei der schoulescher oder beruflecher Orientatioun, oder an traditionelle Klasse vum Secondaire oder vum Secondaire technique décrochéiert hunn, mat dem Zil, hinnen eng zweet Bildungschance ze offréieren.

Den Ursprung vun der École de la deuxième chance geet op d'Joer 1995 zréck, wou d'Europäesch Kommissioun ee Wäissbuch iwwer Erzéiung a Bildung adoptéiert huet mam Titel: «Enseigner et apprendre: vers la société cognitive».

Ee vun den Objektiv war de Kampf géint d'Exklusioun, an an deem Kader ass den experimentelle Projet vun den Écoles de la deuxième chance proposéiert ginn, fir deene jonke Leit nei Méiglechkeeten an Opportunitéiten ze bidden, déi net iwwert déi néideg Qualifikatiounen a Kompetenze verfügen, fir hir Formatioun weiderzeféieren oder sech an d'Berufsliewen ze integréieren.

Hei zu Lëtzebuerg besteet d'Iddi vun enger École de la deuxième chance zwar scho méi laang, mä aus verschiddene Grënn konnt kee konkrete Projet presentéiert ginn. Schonn 1999 ass am Kader vun enger parlamentarescher Missioun ee Rapport erstallt gi vum aktuelle Statsrot René Kollweiler, deen och während fënnef Joer an der École de la deuxième chance zu Marseille responsabel war fir d'Relatiounen vun der Schoul mat den Entreprises.

Op dëse Rapport hin ass folgende Passus an d'Regierungserklärung vun 1999 ageschriwwen ginn: «de faire des efforts particuliers afin de mettre en place une véritable offre d'école de la deuxième chance».

Et huet awer missen d'Regierungserklärung vun 2004 ofgewart ginn, fir d'Iddi nei ze relancéieren, an elo um Schluss vun der Legislaturperiod kann dat entspriechend Gesetz gestëmmt ginn. Ech wëll an dësem Zusammenhang awer och un eise regrettéierte Kolleeg Marc Zanussi erënneren, deem dëse Sujet ganz besonnesch um Härz louch an dee sech deementspriechend staark investéiert huet.

Mir stellen haut fest, datt d'Offer, wat d'Formatioun vun de Jugendlechen a jonken Erwuessenen ubelaangt, déi als Décrocheuren ugesi ginn, net duergeet an d'Noutwendegkeet vun enger méi breeder an diversifiéierter Offer besteet, esou wéi et an enger Etüd iwwert den Décrochage scolaire zu Lëtzebuerg confirméiert gëtt. Dës Etüd „Le décrochage scolaire au Luxembourg“ vum Ministère de l'Éducation nationale aus dem Schouljoer 2006/2007 befaasst sech mat deene Schüler, déi déi Lëtzebuerger Schoulen ouni Ofschlossdiplom verloossen an ënnert hinne mat deene Jonken, déi als Décrocheurs scolaires gëllen, dat heescht, déi sech net an eng aner Schoul oder an eng aner Formatioun aschreiwen.

Den Taux de décrochage ass zwar déi lescht Joren erofgaang, wat drop zréckzuféieren ass, datt de Ministère de Kampf géint d'schoulesch Exklusioun zu enger vum senger Prioritéiten zielt. Dëse Réckgang ass op d'Schafung vun neie Méiglechkeete fir d'Schüler mat Schwiereregkeeten zréckzuféieren, wéi zum Beispill d'Classes relais souwéi déi systematesch Begleedung vun de betraffene jonke Leit duerch d'Action locale pour jeunes.

An trotzdem sinn all Joer méi wéi 300 Jonker vum Décrochage scolaire betraff a lafen de Risiko, ausgeschloss oder marginaliséiert ze ginn. Fir dës Leit bitt d'École de la deuxième chance een neit pedagogesch Angebot, mat dem Zil, hinnen zu enger Qualifikatioun an enger Beschäftegung ze verhëllefen.

Wat ass elo d'Konzept vun der Schoul? D'Schoul funktionéiert am Kader vum Enseignement postprimaire an adresséiert sech prinzipiell un déi jonk Leit, Schouloufbrieche tëschen 16 a 24 Joer abegraff.

D'Objektiv besteet doranner, déi Jonk dozou ze bréngen, déi néideg Confiance a Motivatioun ze fannen, fir een neie Schoulparcours unzefänken an déi allgemeng praktesch a sozial Kompetenzen ze entwéckelen, déi et hinnen erlaben, erëm an déi traditionell Klasse vum Secondaire oder Secondaire technique opgeholl ze ginn, an

eng Léier ze goen oder eng Plaz um Aarbechtsmaart ze fannen.

D'Admissioun vun de Jonken, déi sech an d'Schoul wëllen aschreiwen, geschitt duerch den Direkter vun der Schoul a Concertatioun mam Service vun der Action locale pour jeunes a mam Direkter vun deem Lycée, wou de Schüler ageschriwwe war oder eventuell dem Centre national de la Formation professionnelle continue.

Et fënnt een individuellt Gespréich statt mam Schüler iwwert säi perséinlechen a beruffleche Projet. Et gëtt ee Bilan mat der Evaluatioun vu senge Kompetenze gemaach. An tëschent dem Schüler an der Schoul gëtt e pedagogesche Kontrakt ofgeschloss, an deem d'Rechter an d'Flichten an d'Modalitéite vun der Zesummenaarbecht festgehalen ginn.

D'pedagogesch Offer berout op der Basis vun engem individualiséierte Programm, dee fir all Schüler ausgeschafft gëtt op Basis vun engem perséinlechen a beruffleche Projet.

Sou wéi am Gesetz iwwert d'Reform vun der Formation professionnelle, gëtt den Unterrecht och a Form vu Modulen organiséiert, wat et all Schüler erlaabt, no senger Léiercapacitéit virun ze goen. D'Dauer vum Parcours an de Léierrhythmus variéiert no de Besoinë vum Schüler, mä sinn op zwee Joer begrenzt. De Minister kann dës Dauer ëm sechs Méint verlängeren, am Fall vun enger motivéierter Demande.

Fir dat pedagogesch Konzept ëmzesetzen, gesäit de Projet de loi d'Zusummesetzung vu pedagogesche pluridisziplinären Equipé vir, mat Enseignanten, Formateurs, Psychologen an Experten aus dem Berufssektor, déi dee Jonke betrieien.

D'Missioun vun dëser Equipe besteet doranner, dat richteg pedagogesch Konzept ze definéieren, genausou wéi déi individualiséiert Formatiounspläng an d'Evaluatioun vun den Acquisen, d'Organisatioun an de Suivi vun de Stagen am beruffleche Milieu souwéi d'Kollaboratioun mat den Elteren, déi och am Conseil d'éducation vun der Schoul vertruede sinn.

D'pedagogesch Equipe bestëmmt aus hire Membere fir jidder Apprenant een Tuteur, deen de pedagogesche Suivi an der Schoul an am Betrib assuréiert.

De Statsrot begréisst de Projet de loi a weist drop hin, datt e scho säit Längerem op d'Nécessitéit vun esou enger Struktur higewisen huet. Hien ass awer och der Meinung, datt déi grouss Heterogenitéit vun de Schüler, de breede Fächer vun deenen, déi concernéiert sinn, mat ganz ënnerschiddleche Formatiounsniveaue, eng Rei Problemer kéint duerstellen. Mir bedauern och, datt niewent dem Ministère de l'Éducation nationale net och de Ministère du Travail als Träger figuréiert. Dëst eventuell a Form vun engem Établissement public, fir domat eng gréisser Korrelatioun tëschent der Formatioun an dem Aarbechtsmaart hierzustellen.

D'Schoul huet als Missioun, niewent dem allgemengen a prakteschen Unterrecht een integréierte soziopedagogeschen Encadrement ze garantéieren fir déi Jonk, déi am Projet de loi Apprenant genannt ginn a fir déi mindestens zweemol d'Joer eng Admissioun stattfënnt.

Den Enseignement général kann a folgenden Domänen ugebuede ginn: déi mëndlech a schrëftlech Kommunikatioun an de Sprooch Franséisch, Däitsch, Englesch a Lëtzebuergesch; Mathematik a Rechnen; Éducation à la culture et à la citoyenneté; Informatiounstechnologien; Sport- a Gesondheetserzéiung. De prakteschen Deel begräift den Apprentissage am Atelier vun der Schoul souwéi Stagen an der Berufswelt. De prakteschen Domän kann an deene verschiddene Berufssecteuren organiséiert ginn.

Fir den Avis d'orientation ze formuléieren oder eng Décisioun op deem Plang ze huelen, fonctionnéiert d'Équipe pédagogique zesumme mam Direkter als Conseil de classe. Ee Vertrieeder vun der Action locale pour jeunes hält mat berodender Stëmm um Klasserot deel. Fir all Jonke gëtt ee Portfolio erstallt, opgrond vun deem d'Avis d'orientation an d'Zertifikat erstallt ginn.

Spéitstens um Schluss vun all Semester stellt de Conseil de classe fest, awéiwäit de Schüler déi ugestriefte Kompetenzen erreecht, fir d'Formatioun mat Succès viru kënnen ze féieren. Spéitstens um Schluss vum Parcours oder en cours de route, wann de Schüler dat freet, léisst de Klasserot sech vun engem externen Enseignant assistéieren, deen iwwert déi néideg Experienz verfügt, fir eng vu folgenden Décisiounen ze huelen.

Den Apprenant gëtt an eng bestëmmte Klass vum Enseignement secondaire oder vum Secondaire technique ugeholl. Hie gëtt orientéiert an eng Iwwergangsformatioun fir an d'aktiiv Liewen, déi organiséiert gëtt am Centre national de Formation professionnelle continue. Oder drëtens, hie gëtt an d'aktiiv Liewen orientéiert. An deem Fall këmmert sech d'Action locale pour jeunes ëm den Apprenant, fir en an den Aarbechtsmaart ze integréieren.

Déi Jonk, déi wéinstens 18 Joer al sinn, wa se aus der Schoul erauskommen, kënnen sech fir all Bildungswee aschreiwen, deen am Kader vun der Erwuessenebildung ugebuede gëtt.

Nodeem se d'Schoul verlooss hunn, ginn d'Apprenantë während zwee Joer vun der pedagogescher Equipe an Zesummenaarbecht mat der Action locale pour jeunes begleet. Formatiounsstagen an deem beruffleche Milieu si feste Bestanddeel vun der Formatioun.

Während der Dauer vum Stage ass de Statut vum Apprenant dee vum Apprenant stagiaire. Tëschent der Schoul, dem Apprenant an dem Vertrieeder vun der Entreprise gëtt ee Contrat de stage de formation ënnerschriwwen, dee Folgendes festhält: d'Objektiver an d'Modalitéite vum Stage de formation, virun allem d'Aktivitéite vum Stagiaire; d'Konditiounen, an deenen den Encadrement assuréiert gëtt duerch d'Schoul respektiv d'Entreprise; d'Modalitéiten, wéi de Stage evaluéiert gëtt.

Stagë kënnen ganz oder deelweis während de Vakanzäite stattfannen. D'Apprenantë kënnen an de Genoss komme vun der Aide à la formation, vun der Prime de formation a vun der Indemnité de formation, wéi se am Gesetz vum 16. März 2007 iwwert d'Organisation vun de Cours vum der Formation professionnelle am Centre national de Formation professionnelle continue virgesi sinn.

Schüler, déi an enger prekärer sozialer Situatioun sinn, kënnen logéiert ginn no enger Konventioun mat engem organiséierten Träger, deen dozou autoriséiert ass.

(Coups de cloche de la Présidence)

Fir iwwert d'Berufsfeld an iwwert de Profil vun den eenzelnen Aarbechtsplazen am Bild ze sinn, léisst d'Schoul sech fir all Berufssecteur duerch en Expert aus der Wirtschaftswelt beroden. Hien hält an den Aarbechte vun den Equipen deel, versicht Entrepreneuren ze fannen, fir d'Apprenanten an de Stage ze schécken, a versicht déi beruflech Agliderung ze ënnerstëtzen vun deene Jonken, déi an d'aktiiv Liewen orientéiert ginn.

Et gëtt ee Comité geschaf, deen als Missioun huet all Orientationsaktivitéite vun de Schüler, fir se an d'Aarbechtswelt ze begleeten. Hie begräift den Direkter vun der Schoul als President, Vertrieeder vum Aarbechtsminister, Vertrieeder vum Minister, dee fir d'Jugend an de Service volontaire zoustänneg ass, an ee Vertrieeder vun der Action locale pour jeunes.

D'Schoul ass autoriséiert, ee Projet vun internationaler Kooperatioun auszeschaffen mat auslännesche Schoulen, déi ähnlech Missiounen hunn.

Methodologesch Begleitung, d'Evaluatioun vun der Qualitéit vun der Formatioun souwéi d'Formatioun vum Personnel enseignant et éducatif gi vum SCRIPT assuréiert. D'Schoul ass op wéinstens zéng Stonnen am Dag während fënnef Deeg an der Woch a si fonctionnéiert als Service de l'État à gestion séparée.

D'Personal vun der Schoul ka Fonctionnaires, Chargés de cours a Chargés d'éducation begräifen. D'Regierung gëtt autoriséiert, fir de Fonctionnement vun der Schoul folgend Personal anzustellen: en Direkter, een Directeur adjoint, ee Professeur de lettres, ee Professeur de sciences, ee Mathematiksproff, ee Proff an der Éducation physique, ee Proff an der Éducation artistique, zwee Formateurs d'adultes am Enseignement théorique, zwee Formateurs d'adultes am Enseignement technique, néng Schoulmeeschteren, néng Maîtres d'enseignement technique, néng Formateurs d'adultes am Enseignement pratique, ee Psycholog, e Pedagog, sechs Éducateurs gradués, zwee Éducateurs, een In-

formatiker, ee Redakter, een Expéditionnaire an zwee Statsaarbechter mat CATP.

Här President, Dir Dammen an Dir Härën, d'École vun der deuxième chance ass eng Nécessitéit. Si ass eng Chance fir vill Jonker an engem wichtege Moment vun hirem Liewen, wou hir Entwécklung eng irréversibel Tournure kéint huelen. Si stellt eng Plus-value duer, wat déi pedagogesch Offer betrëfft. Si ass awer och een Défi fir all déi Partner, déi responsabel Instanzen, déi Intervenanten, déi an enger Kollaboratioun derfir musse suergen, datt d'Gesetz wirksam ëmgesat gëtt, am Intérêt vun all deenen, deenen et soll eng supplementär Chance bidden.

Ech wëll Merci soen all deenen, déi matgeholf hunn, datt mer d'Gesetz séier duerch d'Prozedur konnte bréngen an nach an dëser Legislaturperiod kënnen stëmmen; dem Statsrot, de Vertrieeder vun dem Ministère, de Kolleeginnen a Kolleegen aus der parlamentarescher Kommissioun an der Madame Cocard vum Greffe.

Ech bréngen heimat den Accord vu menger Fraktioun a soenlech och Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix. - Très bien!

M. le Président. - Merci, Här Rapporteur. Eischt ageschriwwe Riednerin ass déi honorabel Madame Françoise Hetto-Gaasch. Madame Hetto, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

Mme Françoise Hetto-Gaasch (CSV). - Här President, Dir Dammen an Dir Härën, fir unzefänke wëll ech fir d'éischt emol dem Rapporteur, dem Fernand Diedrich, villmools Merci soe fir säi komplette mëndlechen an och schrëftleche Rapport.

De Gesetzesprojet 5975, iwwert dee mer haut hei ofstëmme sollen, steet an der Logik vum Wäissbuch vun der Europäescher Kommissioun iwwert d'Éducation an d'Formatioun aus dem Joer 1995, där hir Objektiv an d'Lissabon-Strategie aus dem Joer 2000 integréiert goufen.

Deemools gouf sech dat ambitéiert Zil gesat, bannent Europa d'Ziel vun deene Jonken, déi d'Schoul ze fréi ouni Ofschloss verloossen, bis 2010 ëm d'Halschecht ze reduzéieren.

De Gesetzesprojet 5975 huet als Zil, eng Schoul vun der zweeter Chance ze schafen, déi sech an der Haaptsaach u Schüler tëschent 16 a 24 Joer adresséiert, déi den Enseignement secondaire an den Enseignement secondaire technique ouni Qualifikatioun verlooss hunn an och keng Méiglechkeet méi hunn, an deene Schoule virunzekommen.

D'Schoul vun der zweeter Chance kann een u sech op hallwem Wee tëschent der initialer schoulescher Formatioun an dem Aarbechtsmaart gesinn. Dëser neier innovativer Schoulstruktur hir wesentlech Missioun besteet doranner, een allgemengen a prakteschen Unterrecht op d'Been ze stellen an en integréierte soziopedagogeschen Encadrement vun de Schüler unzebidden.

Wat sinn elo d'Objektiver vun dësem Gesetzesprojet? Abee, déijéineg, déi d'Schoul ofgebrach hunn, mussen et erméiglecht kréien, e bestëmmte Bildungsweg anzuschloe respektiv op den Aarbechtsmaart integréiert ze ginn.

Doriwwer eraus gi mat dësem Gesetzesprojet déi jonk Leit viséiert, déi eréischt zënter kuerzer Zäit an eisem Land sinn a keng Chance hunn an eisem traditionelle Schoulsystem mat virunzekommen. Rieds ass vun de sogenannte Primo-arrivants. Dës Jonk kënnen iwwregens eng Dispens vum zoustännegen Minister kréien, wa si méi al wéi 24 Joer sinn a sech trotzdeem an dëser Schoul fit fir den Aarbechtsmaart wëlle maachen.

Interessant ass an deem Kontext, dass an der Schoul vun der zweeter Chance zweemol am Joer Admissiounen gemaach ginn. Dës Mesure erlaabt, dass ee Jonken net e ganz Joer laang muss warden, fir eng schoulesch Ausbildung ze kréien.

Ënnert dem Stréch gesinn ass d'École de la deuxième chance also eng Transitionsphase fir dee Schüler, dee sech hei déi Kompetenzen uneegne kann, fir entweder nees Fouss am konventionelle Schoulsystem ze faassen oder awer fir eng Schoul ze fannen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dass hei zu Lëtzebuerg praktesch 10% vun de Schüler all Joer d'Schoul ofbriechen an domat ouni en Diplom oder eng Qualifikatioun dostinn, dat ass eng bitter Realitéit. Eppes, wat ee besonnesch gutt och op der Gemeng ka feststellen, wann ee gesäit, wéi vill Demandé vu jonke Mënschen, déi eng Plaz sichen, op engem sengem Büro lan-

den, allerdéngs vu jonke Mënschen, déi keen Ofschloss opweises hunn, dass also ee vun zéng Schüler d'Bengele bei d'Tromm gehéit.

Dat steet eisem Land schlecht zu Gesiicht, wann ee bedenkt, dass mir mat dat Land sinn, wat am meeschte Geld a säin Éducatounssystem investéiert. Doriwwer eraus ass et de Bewäis, dass de lëtzebuergesche Schoulsystem eng ganz Partie vu Lacunen huet, déi et heescht esou séier wéi nëmme méiglech ze behiewen.

M. Robert Mehlen (ADR). - Sidd Der och net vun der Schoulreform iwwerzeegt, Madame Hetto?

Mme Françoise Hetto-Gaasch (CSV). - Vun der neier Schoulreform sinn ech ganz iwwerzeegt, Här Mehlen.

Den Décrochage scolaire ass dat trauregt Resultat vun engem Mangel un Effikasitéit vun eiser Schoul. Duerfir musse mir all Hiewelen a Bewegungen setzen, fir de Schouloufbroch ze vermeiden, zumools wann ee bedenkt, dass d'Haaptursaach, firwat Jonker am Chômage landen, ebe grad d'Tatsaach ass, dass se entweder guer kee Schoulouf Schloss hunn oder awer schlecht Diplome, sou dass hinnen déi Kompetenze feelen, déi dobaussen um Aarbechtsmaart gefrot sinn.

Selbstverständlech huet grad dës Regierung schonn eng ganz Partie Mesurë geholl, wéi zum Beispill en neit Primärschouls-gesetz gestëmmt.

Här Mehlen, elo misst Dir nolauschteren!

D'Berufsausbildung huet se reforméiert, d'Formation continue verbessert, d'Beschäftigungsmesurë fir déi jonk Chômeure reforméiert, an nach mussen awer nach eng ganz Partie weider Mesurë geholl ginn, fir virun allem d'Ursaache vun dem Schouloufbroch ze bekämpfen.

Wann een elo kuckt, wat déi heefegst Ursaache vum Décrochage scolaire sinn, déi déi Jonk selwer uginn, da stellt ee fest, dass éischstens 30% keen Aarbechtskontrakt kritt hunn; zweetens, 25% sech net motivéiert fillen; drëtens, 20% hu perséinlech Ursaachen uginn; weider 20% sech falsch oder schlecht orientéiert fillen, a 15% hunn an der Schoul en Échec erlieft.

Wat elo déi éischt Ursaach ubelaangt, sou wëll ech op dëser Plaz e ganz waarmen Appel un d'Betribler maachen, ouni déi net méiglech ass, an dësem Dossier virunzekommen. Et musse méi Stageplaze geschaf ginn, fir dass déi Jonk eng reell Chance kréien, fir sech Kenntnisser a Kompetenzen unzëeegnen.

Duerfir ass et och ze begrëssen, dass mat dësem Gesetz d'Méiglechkeet geschaf gëtt, Experten aus dem Wirtschaftsberäich mat bäizehuelen, deenen hir Missioun doranner besteet, de Lien tëschent de Betriber an de Schüler ze maachen, fir an den eenzelne Berufssparte Stageplazen ze organiséieren an ze kucken, dass de Contenu vun deem, wat dee Jonke soll léieren, och wirklech deem entsprécht, wat an deenen eenzelnen Domänen gefrot gëtt.

Wat déi zweet Ursaach vum Décrochage scolaire ubelaangt, nämlech de Mangel u Motivatioun, esou schéngt eis wichteg, den Elteren hire Rôle hei ze analyséieren. Mir kënnen als CSV den Auteurs vun dësem Projet de loi nëmme félicitéieren, dass si iwwert dëst Gesetz d'Eltere méi staark mat abannen an och sensibiliséieren wëllen - an dat och, wann de Schüler méi al wéi 18 ass -, sief et iwwert d'Charte scolaire, déi vun der Schoul, den Elteren an de Schüler ënnerschriwwe gëtt, sief et iwwert de Portfolio, wou d'Eltere sech kënnen e Bild maache vun deem, wat hiren Nowuess fäerdeg bréngt, sief et iwwert d'Participatioun vun den Elteren an der Formation continue, sief et iwwer cibléiert Informatioun, an - an dat schéngt mer ganz wichteg ze sinn -, sief et iwwert de perséinleche Kontakt, mam Objektiv, eng richtig Vertrauensbasis hierzustellen, wou géigesäitege Respekt groussgeschriwwe gëtt.

Dernieft mussen d'Schüler sech awer och selwer abréngen a weisen, dass se motivéiert sinn, vun dëser zweeter Chance ze profitéieren. Iwwer e Kontrakt verflachte si sech duerfir, an deenen zwee Joer aktiv matzeschaffen an hir Rechter a Flichten ze respektéieren, zu deenen ënner anerem d'Pünktlechkeet an d'Aart a Weis, wéi se sech presentéieren, gehéieren. De perséinleche Wëlle vun deem Jonken, aus dëser Situatioun erauszekommen a vun alle Moyenen ze profitéieren, déi him zur Verfügung gestallt ginn, ass eng essenziell Konditioun fir ze reusséieren.

Wat elo déi perséinlech Ursaache vum Décrochage scolaire betrëfft, esou ass et esou, dass an den allermeeschte Fäll dee jonke

Mënsch net nëmme mat engem Problem konfrontéiert ass, mä dass gläich e puer Facteuren dozou bäigedroen hunn, dass hien an enger Sakgaass gelant ass: d'Delinquenz, en défavorabelt sozioekonomescht Ëmfeld, eng onstabel familiär Situatioun, Verhalensproblemer an esou weider.

Aus dësen Ursaache gëtt fir all Schüler en individualiséierte Schoulparcours festgeluecht a bei allen Démarché gi si vu qualifizéiertem Personal begleitet a beroden. De Schüler soll selwer säi Wee erausfannen a sech an de Léierprozess engagéieren. Positiv Verstärkung an d'Unerkenne vu senge Kompetenzen hëllefen him, säi Selbstvertrauen opzebauen. Den Tutorat vun all Schüler ass e Schlësselelement fir seng schoulesch Réussite. D'Schaffen a klenge Gruppen ass am selwechte Kontext ze begrëssen.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

Dernieft huet d'École de la deuxième chance awer och d'Méiglechkeet, Leit ze rekrutéieren, déi net zur Equipe pédagogique gehéieren, mä fir spezifesch Interventiounen kënnen agesat ginn.

Wat déi véiert Ursaach vum Décrochage scolaire aus der Siicht vun deene Jonken ubelaangt, nämlech eng falsch Orientatioun, esou kann och hei d'Zesummenaarbecht mam Expert aus der Economie dozou bäidroen, dass de Schüler säi Wee fënnt. D'Relatioun mam professionnelle Secteur erlaabt et dem Schüler, de Choix vun der Formation auszeschaffen, ze verfeinere respektiv ze confirméieren.

Allerdéngs muss een hei awer och festhalen, dass d'Orientatioun u sech schonn an de jonke Joren dacks falsch leeft an dass am Kader vun enger Reform vum Secondaire de Volet Orientatioun onbedéngt muss op de Leescht geholl ginn.

Här President, léif Kolleeginnen a Kollegen, d'Haaptprioritéit vun der École de la deuxième chance muss, wéi gesot, entweder d'Integratioun um Aarbechtsmaat sinn, oder déi Jonk mussen esou motivéiert ginn, dass se nees bereet sinn, en neien Ulaf an engem Lycée ze huelen.

Luwenswäert um virleijende Projet de loi ass ausserdeem déi enk Kollaboratioun mat der ALJ, déi och spéider beim Suivi eng wichteg Roll wäert spillen an déi an deene leschte Jore konnt beweisen, dass ënner anerem duerch hir Interventioun um Terrain d'Zuel vun de Schoulofbrieche an de leschte Jore konnt erofgoen. Vu 17% am Joer 2003/2004 op 9,4% am Joer 2006/2007.

Weider positiv Elementer vun dësem Gesetzesprojet sinn de Fait, dass d'École de la deuxième chance kann a soll mat auslännesche Schoulen zesummeschaffen; de Fait, dass d'Qualitéit vun der Schoul vum SCRIPT evaluéiert gëtt, an de Fait, dass Jonker, déi an enger prekärer sozialer Situatioun sinn - esou, wéi de Rapporteur et och gesot huet -, d'Méiglechkeet kréien, an agrééierten oder konventionéierten Haiser ënnerdaach ze kommen. Fréier oder spéider muss ee souwisou doriwwer nodenken, ob en Internat net en Atout wier, fir den Encadrement vun dëse jonke Leit ze optiméieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll awer zum Schluss och e puer Iwwerleeungen afléisse loossen, opgrond vun den Informatiounen, déi mer gëschter um Colloque kritt hunn, wou déi Responsabel vun der École de la deuxième chance vu Marseille eis konnten aus hiren Erfahrungen erzielen.

Et dierf net sinn, dass déi Jonk d'Gefill kréien, vun enger Schoulstruktur an eng aner verfracht ze ginn. Dohier ass et eminent wichtig, dass d'schoulescht Ëmfeld deementspriedend gestalt gëtt an dass eng aktiv Pédagogie ugestriift gëtt.

D'Reussite vum Projet hänkt enk domat zesummen, wéi intensiv mat de Betriber zesummegeschaft gëtt. D'Betriber mussen deen néidege Versteesdemech fir dës jonk Mënschen opbréngen a wëssen, dass si et mat engem schwierege Public ze dinn hunn.

All Jonke muss déi Zäit kréien, déi hie brauch, fir säin individualiséierte Parcours ze organiséieren. Alleguerten d'Acteuren, d'Équipes pluridisciplinaires, d'Tuteurs, d'Patroné muss sech permanent concertéieren, fir dee jonke Mënsch zesummen ze begleeden a sech iwwer hien auszetauschen.

Dee jonke Mënsch muss kënnen eng Relatioun mat sengem Tuteur opbauen, während dem ganze Parcours an doriwwer eraus, spéider beim Suivi. Dernieft wier et wëschenswäert, wann dëse Projet seng Friichten dréit, fir weider Antennen op anere Plazen am Land ze schafen an eventuell och esou e Projet fir Leit unzebidden, déi schonn e gutt Stéck méi al wéi 24 Joer sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat wier et gewiescht fir mäin Deel. Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren a bréngen den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet.

» Plusieurs voix. - Très bien!

» M. le Président. - Merci, Madame Hetto. Den nächste Riedner ass den Här Eugène Berger. Här Berger, Dir hutt d'Wuert.

» M. Eugène Berger (DP). - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, wa mer haut e Projet de loi iwwert d'École de la deuxième chance diskutéieren, esou wëilt ech dat ënner enger Viraussetzung maachen, an zwar där, dass dësen Text, deen d'Chamber dëse Mëtteg wäert stëmmen, soll e Verfallsdatum hunn, esou, wéi am Buttek och op de Produitë steet: „Date limite d'utilisation“.

Dëst Gesetz an dës Schoul vun der zweeter Chance sollen eng begrenzten Dauer hunn an iergendeng Kéier, an net ze wäiter Zukunft hoffentlech, erëm iwwerflësseg sinn.

Firwat?

Well dës Schoul solle mer erëm esou schnell wéi méiglech net méi misse brauchen, andeems dass mer d'Schoul vun der éischter Chance, also eis aktuell Schoulen, esou reforméieren a gestalten, dass do jiddwer Schüler, egal wat seng Fäegkeete sinn, wat säi Schoulchoix war, säin Ofschloss kann erreechen an eng normal Schoulcarrière ka maachen an en Ofschloss do ka kréien.

Dat heescht also, dass mer an eise reguläre Schoulen, fir se emol esou ze nennen, am Classique an am Technique den Enseignement esou gestalten, dass méi individualiséiert op d'Schüler agaange gëtt, a jiddwereen esou förderen a forderen, dass en do ka bestoen an déi néideg Kompetenze kann erreechen.

Wa mer dat fäerdeg bréngen, da brauche mer dës Schoul vun der zweeter Chance, déi eng Noutléisung ass an och op eng gewëssen Aart a Weis en deelweisen Échec an eng Hëlleflosegkeet vun eise aktueller Schoulsystem reflektéiert, hoffentlech an Zukunft net méi.

Mir sinn awer nach net do ukomm, mir wëssen dat, d'Zuelen an d'Statistike weisen dat. Hei zu Lëtzebuerg hu mer ronn 10% vun de Schüler, déi an deene verschiddenen Ordres d'enseignement hir Schoul ofbriechen - décrochéieren, wéi mer soen. Dat waren 2006/2007 ronn 300 jonk Mënschen, déi dat gemaach hunn, déi fanne mer dann an anere Statistiken erëm: beim Chômage ouni Aarbecht, an och ouni eng Chance op eng Aarbecht, well se keen Ofschloss hunn.

An dësen Zäiten, wou den Aarbechtmarché och ëmmer méi schwéier gëtt, si si et, déi do am allerschlechteste gestallt sinn an déi praktesch guer keng Zukunftsperspektiven hunn.

Mir sinn duerfir gefuerdert, fir dëse Mënschen eng zweet Chance ze ginn, ze bidden, an all Efforten ze maachen, fir dass mer se ebe kënnen an déi normal Schoulen zréckintegréieren.

Sécherlech kascht dat zousätzlech Efforté fir de Stat, Personalefforten, och finanziell Efforten. Mä ech mengen, déi Sue sinn awer gutt investéiert, well mer dann hei laangfristeg awer kënnen de Mënschen, jonke Mënschen eng Perspektiv op e Berufsliewe ginn, hinnen dozou verhëllefen, dass mer se net ofhängeg maache vu staatleche soziale Mesuren, déi am Endeffekt d'Gesellschaft an de Stat méi deier kaschten.

Et ass och ganz einfach eng Aufgab an eng Pflicht vum Stat, onofhängeg vun de Käschten an den Efforten, déi ee muss maachen, déi Schwächsten an eise Schoulen optimal ze ënnerstëtzen an hinnen eng Chance ze ginn.

Konkret heescht also dëse Projet, dass mer elo eng Schoul fir ronn 300 Schüler, potenziell Schüler, hei op d'Bee stellen, déi eng ganz besonnesch Ënnerstëtzung brauchen, fir dass mer se ebe kënnen an déi normal Schoulen zréck wa méiglech integréieren, dohinner zréckféieren.

Här President, wann ee vun enger Schoul vun der zweeter Chance schwätzt, da komme mer och net derlaanscht, fir iwwert de Choix vun deem Konzept ze schwätzen, well et gëtt verschidde Solutiounen, verschidde Modeller, déi sech uegebueden hätten.

Ech muss soen, dass ech awer e bësse bedauern, dass mer net am Virfeld, an der Chamberskommissioun haaptsächlech, méi ausgiebig iwwert déi verschidden Optiounen fir eng Schoul vun der zweeter Chance diskutéiert hunn, de Pro an de Kon-

tra vun deem engen oder anere Modell do besser ofgewieen hunn.

Eréischt gëschter - meng Virriednerin huet et gesot - war e Colloque zu deem Sujet, e ganz interessante Colloque, wou ech leider net dee ganze Mëtteg konnt derbäi sinn, well mer jo och hei an der Chamber Aarbechten haten, wou zum Beispill iwwert d'Erfahrung vun enger Schoul vun der zweeter Chance vu Marseille geschwat ginn ass. Gëschter ware schonn d'Rapporten an och d'Aarbechten an der Kommissioun ofgeschlossen, an dat war dann awer vläicht e bësse Moutarde après dîner.

Ech hat och eng Kéier an der Kommissioun, kann ech mech erënnere, gefrot, fir déi eng oder aner Informatiounen oder Bilane vun den Experienzen aus anere Länner ze kréien, wat awer keen immens groussen Echo fonnt huet.

Ech wëll net soen, dass elo aner Modeller onbedéngt besser, méi pertinent si wéi deen, dee mir elo hei diskutéieren, haaptsächlech och, wann een de Lëtzeburger Kontext kuckt. Ech wëll awer soen, dass et awer vläicht opschlossräich gewiescht wier an den Aarbechten, fir méi intensiv déi eng oder aner Modeller ze analyséieren.

Da stellen ech och fest, dass e fréiere Maataarbechter vun der École de la deuxième chance zu Marseille, den Här René Kollweiler, 2005 e Rapport ofginn huet. Dat waren 121 Säite mat enger Rei vu Recommandatiounen. Do war och souguer eng Propos fir e fäerdeg Projet de loi dran. Hien hat do ënner anerem en Établissement public proposéiert mat enger anerer Ausrichtung, déi méi wierklech e berufflechen Ofschloss viséiert hätt.

Ech stellen einfach nëmme fest, dass dëse Rapport...

(Interruption)

...op alle Fall keng - Madame Ministesch, Här President -, dëse Rapport huet op alle Fall keng parlamentaresch Suité fonnt, dee vun 2005, an en ass emol net zitéiert am Rapport vun der Kommissioun, en ass och emol net zitéiert am Exposé des motifs vum Gesetz.

Ech stellen dat einfach fest a wonnere mech e bëssen, dass do kee Pipcheswiertche vun deem Rapport vun 120 Säiten hei an deenen Aarbechten iergendwéi och nëmme Afloss pour mémoire fonnt huet.

D'Éducationministesch, déi huet e Modell proposéiert, dee sech um Konzept vun enger Schoul am classesche Sënn orientéiert an och ënnert der exklusiver Tutelle dann ass vun der Education. Dat huet och vläicht e bëssen domadder ze dinn, dass d'Ministesch wollt dee Projet bei sech behalen, wat ech verstinn, wat ech och kann ënnerstëtzen, dass et also net hei soll sinn, dass dat en Aspekt gi wär vum Aarbechtsminister zum Beispill, wann et méi orientéiert gewiescht wär exklusiv op eng Formation professionnelle.

D'Haaptzil ass et och net hei - géif ech mengen -, fir den Décrocheuren en Ofschloss zum Beispill an enger berufflecher Ausbildung ze bidden oder se systematesch op den Aarbechtmarché ze bréngen, mä d'Grondiddi ass déi, fir dës Schüler erëm zréck an d'Schoulen ze kréien, do, wou se décrochéiert hunn, fir dann an dëse Schoulen hiren Ofschloss kënnen ze maachen. Ech géif dat e bëssen esou vergläichen, dëse Modell vun enger Schoul vun der zweeter Chance, mat enger Intensivstation, dat heescht, wou do Patiente krank gi sinn, déi wierklech héich akut krank oder blesséiert sinn, an dass also d'Zil ass, dass ee se erëm vun der Intensivstation zréck an déi normal Better kritt respektiv also dann och déi normal Schoulen zréckkritt.

Ech hu scho gesot, et kann een dës Démarche verstoen, och novollzéien. Et muss een awer och wëssen, op där anerer Säit, dass de Gros vun deene Schüler an esou enger Schoul kaum wäerten zum Beispill an e classesche Lycée zréckkommen, an dass déi meescht awer wäerte versichen, an eng berufflech Ausbildung ze kommen.

Dat heescht also, wa mer och hei de Bléck haaptsächlech ënnert dem Bléckwénkel hu vun der Schoul, muss ee wëssen oder muss mer eis bewusst sinn, dass muss e staarke Lien mat der Berufswelt an den Entreprisë garantéiert sinn. Um Pabeier schéngt dat emol de Fall ze sinn.

D'Schoul, wéi se elo am Projet de loi proposéiert gëtt, adresséiert sech un Décrocheuren, déi tëscht 16 a 24 Joer al sinn. Dat läit och an der Logik, dass et eng Schoul ass, well mir hu jo och eréischt viru kuerzem e Gesetzesprojet hei gestëmmt, wou d'Obligation scolaire bei 16 Joer ophält. Wa mer also net während een, zwee Joer oder e puer Joer dann déi Décrocheure wëllen einfach sech selwer iwwerloossen, ass et nor-

mal, dass ee seet, da komm, mer kucken dann direkt eng Struktur ze hunn, wa se spéitstens do décrochéiert hunn, fir dass mer dann do direkt wa se 16 Joer hunn, kënnen hinnen eng Méiglechkeet ginn, fir se kënnen opzefänken.

Dat ass also e wichtegen Ënnerscheid tëscht deene verschiddene Modellen, wéi zum Beispill a Frankräich. Gëschter ass do gesot ginn, dass a Frankräich bei hiren Ecoles de la deuxième chance besser Experienze gemaach gi si mat jonke Mënschen, déi méi al waren, dass si am Fong geholl sech éischter e bëssen dergéint striewen, fir déi ganz Jonk ab 16 ze huelen. Dat ass eng aner Philosophie. Bei hinnen ass et wierklech d'Berufssagliderung, déi pur Berufssagliderung, déi do am Vierdergrond steet, a si hunn och praktesch 85% vun deenen, déi dohinner kommen, do, fir konkret en Job ze sichen, esou dass dat also manner an enger Philosophie vun der Schoul ass.

Den Haaptakzent vun dëser Schoul vun der zweeter Chance, dee mer haut de Mëtteg hei diskutéieren, läit also op engem individualiséierten Unterrecht fir all d'Schüler, wat sécherlech déi richteg Approche ass. Mir plädéiere jo insgesamt fir méi e perséinlechen Unterrecht, wou jiddweree ka méi individuell gefördert ginn. Dat ass besonnesch hei bei dëse Schüler immens wichtig, well mer jo wierklech am Fong lauter komplizéiert Eenzelfäll hunn, wou wierklech muss ganz individuell mat hinne geschafft ginn. Duerfir ass och dann de modulären Unterrecht virgesinn, wéi mer dat och schonn am Projet vun der Formation professionnelle ageschriwwen hunn. Dat bedeit och, dass een da besser kann op d'Rythmë vun de Schüler agoen an och en fonction vun do dann hire Programmen gestalten.

D'Gesetz gesäit vir, dass ee ka maximal zwee Joer an där Schoul sinn. Dat schéngt och an der Rei ze sinn a mengen Aen, well ee sech jo awer sollt wierklech och zäitlech Objektiv setze. Et soll elo net de Fall sinn, dass et en Daueropenthalt gëtt, dass déi Schüler während Jore géifen doran zirkuléieren, ouni awer do och e Projet ze hunn, e konkrete Projet, fir erëm an déi aner Filiëren ze goen.

D'Formation begräift Modulë mat och méi theoretesche Matière, Sproochen, Mathematik, Éducation à la citoyenneté. Dat ass sécherlech en Aspekt, déi Éducation à la citoyenneté, deen awer och muss praxisorientéiert sinn. Dat dierf net nëmme theoretesch vermëttelt ginn, well dat jo och e wichtegen Aspekt bei deene Schüler ass, déi mer do hunn. Well bei ville Schüler, déi mer hei wäerten an där Schoul erëmfannen, ass jo eng vun den Haaptursaache vun dem Décrochage déi, dass se eben net méi - géif ech soen - och déi sozial Kompetenzen zum Deel ronnkréien. Dat si Schüler, déi et net méi fäerdeg bruecht hunn, fir all Dag mat Zäit opzestoen, fir mat Zäit an der Schoul sinn, déi et net méi fäerdeg bruecht hunn, fir sech ze organiséieren, e bëssen ze léieren, ze schaffen. An der Schoul vun der zweeter Chance muss mer also kucken, dass se dat erëm léieren a se och dozou motivéieren.

Et muss een och wëssen, dass déi Schüler zum Deel aus méi komplizéierte Verhältnissen - fir dat emol esou ze soen - kommen, an dass also duerfir och d'Sozialkompetenzvermittlung muss e wichtegen Aspekt an där Schoul, an där Formatioun sinn.

Niewent den theoretesche Modulen ass et awer och dann immens wichtig - ech hunn et scho virdrun erwähnt -, dass d'Schüler d'Méiglecheete kréien, fir Stagen an de Betriber ze maachen, well jo awer de Gros wahrscheinlech herno, sief dass se nach eng Kéier zréck an eng Schoul ginn, eng berufflech, handwierklech Ausbildung ustriewen oder do e Beruff da wäerte sichen.

An ech mengen, dat ass och en Challenge fir déi Responsabel vun der Schoul, fir do fir all Schüler eng Solutioun ze fannen. Et ass ze hoffen, dass den Optimismus, dee mer hei vu Säit vum Ministère an der Kommissioun vermëttelt kruten, sech och an der Praxis wäert bestätegen.

Mir hu gesinn, och gëschter um Colloque war do eng Diskussioun, wou gesot ginn ass, dass heiansdo a Frankräich zum Beispill do e gewësse Konkurrenzdenken besteet

mat anere Gremien, déi och an deem Beräich aktiv sinn, fir zum Beispill Stagen ze vermëttelen. Ech hunn dat op alle Fall gëschter an der oppener Diskussioun e bëssen esou verstan gehat.

Hei zu Lëtzebuerg kéint ee soen: Et ass keng Konkurrenz. Wann déi Schüler souwi-sou an der normaler Schoul wären, wou se géifen eng Formation professionnelle maachen, misst een hinnen och e Stage fannen. Also ass et net op där enger Plaz, mä op där anerer Plaz.

Et läit och op der Hand, datt d'Evaluatioun vun dese Schüler méi differenziéiert an anescht muss sinn, wéi dat haut nach zum gréissten Deel an de classesche Schoulen ass. Et ass och grad déi classesch Bewäertung, déi sech bei deenen Décrocheuren net bewäert huet respektiv och ganz oft demotivant war.

D'Gesetz gesäit hei e Portfolio vir mat perséinlechen Aarbechten an dann och mat engem Bulletin vum Régent. Et ass jo opgrond dann och vun deem Portfolio, wou net herno en Diplom, eng Zensur ausgestallt gëtt. Mä opgrond vun deem Portfolio kann da gesot ginn: Jo, mir kënnen dee Schüler do nees zrëck an déi Schoul, an déi Klass schécken, wou en eng Kéier décrochéiert huet. Am Idealfall soll dat jo och praktesch carrément déi Klass sinn, wou e virdrun eng Kéier war.

Vu datt hei e ganz individualiséierten Unterrecht gehale gëtt, muss een natierlech och, fir datt déi spezifesch pedagogesch Konzepter zum Droë kommen, spezialiséiert pedagogesch Équipes hunn. Dat ass och hei virgesinn: Enseignanten, Formateurs, Leit aus der Berufswelt op där enger Säit, an dann awer - ech wëll et nach eng Kéier widerhuelen - ass et och ebe wichteg: déi Sozialaarbecht mat de Schüler. Dofir brauche mer och hei Éducateurs a Psychologen, déi dese Volet kënnen ofdecken.

Eng Gefor gesinn ech awer och hei bei dësem Projet. Dat ass déi, datt mer herno haaptsächlech Schüler hunn an dëser École de la deuxième chance, déi hire Parcours am Préparatoire ugefaangen hunn an déi do net déi néideg Förderung kruten. D'Statistike weisen och elo, dat d'Décrocheuren haaptsächlech aus deem Beräich oder aus deene Schoule kommen. An et dierf net sinn, datt herno am Fong geholl d'École de la deuxième chance just eng Suite ass vun deenen, déi am Préparatoire waren an déi dann eben do net weiderkomm sinn.

Ofschléissend, Här President, schéngt mer een Aspekt aus dem Projet besonnesch wichteg ze sinn, deen een och herno an der Praxis onbedéngt muss kucken do ëmgesat ze kréien, och wann dat e bësse vag am Text formuléiert ass. Dat ass dee vun der Implikatioun vun den Elteren.

Et ass ganz oft e ganz kloere Lien ze maache mat der Aart a Weis, wéi d'Eltere sech ëm hir Kanner këmmere a méi spezifesch sech ëm deenen hir Schoulcarrière këmmere, wann een da gesäit, wat fir ee Parcours déi jonk Mënsche maachen. Wat den Intérêt an d'Matbeméie vun den Eltere méi grouss ass, wat d'Chancë fir en erfollegräichen Ofschloss, en erfollegräiche Parcours an der Schoul, egal wat fir een Ordre d'enseignement et ass, méi grouss sinn, an och ëmgedréint.

Wann ee Curriculum kuckt ebe vun deene ville Schoulofbriecher, da gesäit een, datt ganz oft och d'Elteren hirersäits do décrochéiert haten an hirer Missioun. Et ass also wichteg, datt d'Elteren och mat agebonne ginn an déi Démarche vun der École de la deuxième chance.

Den Text bleift relativ vag. Et geet Rieds op där enger Säit, datt d'Elteren de Bulletin vun de Schüler kréien - bon, soulaang se keng 18 Joer hunn; wa se 18 Joer hunn, da brauch dat och net méi de Fall ze sinn - an datt och d'Elteren am Conseil d'éducation vertruede sinn. Et hätt ee sech vläicht hei kënnen nach aner Weeër ausdenken, fir dann awer d'Elteren e bësse méi intensiv do mat anzebannen.

Här President, dës Remarque gemaach an och dem Rapporteur - wat ech jo am Ufank net gemaach hunn - Merci gesot fir säi mëndlechen a schréffleche Bericht, géif ech den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet abréngen. Ech wëll nach eng Kéier

rappeléieren, datt mer och gefuerdert sinn, nach verstärkt den Akzent op eng adequat a performant Bildung an Ausbildung an der Schoul vun der éischter Chance ze leeën, an der Hoffnung, datt mer dese Projet esou schnell wéi méiglech erëm kënnen an d'Archive vun der Schoulpolitik zrëckleeën.

Ech soen Iech Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Berger. Den nächste Riedner ass den Här Fayot. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Ben Fayot (LSAP).** - Här President, ech wollt fir d'éischt dem Rapporteur, dem Här Diederich, Merci soe fir säin ausféierleche Bericht zu dësem wichtege Projet iwwer eng École de la deuxième chance. Och hunn ech fonnt, dass déi Diskussioun, wéi se bis elo stattfonnt huet, souwuel vun der Säit vun der CSV wéi och vun der DP, eng interessant a seriö Diskussioun war.

Här President, ech muss säit e puer Deeg all Dag laanscht Affichë vu politesche Parteie goen. Dat ass jo och en Exercice vun der Demokratie.

» **Une voix.** - Do soll ee stoe bleiwen.

» **M. Ben Fayot (LSAP).** - Do kucken ech dann och ëmmer eng Affiche. Do steet dann drop: „Nei Weeër stoppe Bildungschaos“.

» **Une autre voix.** - Jo, jo.

» **M. Ben Fayot (LSAP).** - An da ginn ech mäi Wee, well ech dat jo zu Fouss maachen, an dat geet mer dann am Kapp ron-dërem.

(Interruptions)

Ech setze mech...

» **M. le Président.** - Här Fayot, loosst Iech net irritéieren! Bleift bei Ärer Linn!

» **M. Ben Fayot (LSAP).** - Ech setze mech dann net nëmme mat der Syntax vun deem Saz ausernee.

(Interruptions)

De Sujet, dat ass „nei Weeër“. An da kënnt e Verb, wou ech net richtig weess, wat et genee heescht. „Stoppen“ ka jo munches heeschen. An da kënnt den „Bildungschaos“. An da kënnt Der verstoen, dass ech op d'mannst fënnef Minutte brauch, bis ech iwwert d'Nei Bréck sinn, bis ech dee Saz bannendran erëm verschafft hunn.

(Interruptions)

» **M. Carlo Wagner (DP).** - Et gëtt mat der Zäit net besser, Här Fayot.

» **M. Ben Fayot (LSAP).** - Ech... Ah, den Här Wagner seet, et géif mat der Zäit net besser goen. Da sinn ech gespaant op déi nächst Affichë vun där Partei. Mä wéi gesot, Spaass bäisäit, mech interesséiert, dass do de Bildungschaos ugeschwat gëtt an dass och nei Weeër versprach ginn, fir wat ëmmer mat deem Bildungschaos ze maachen.

Da froen ech mech natierlech: Wou ass de Chaos? A wat ass Chaos iwwerhaapt an der Schoul?

Ech menge kënnen ze soen, dass mer an de leschte Joren an dëser Legislatur sécher en Opbroch vun der Schoulpolitik haten, wéi mer e seelen an all deene Joren a Jorzéngten haten, déi ech a menger Carrière als Enseignant an och als Politiker matgemaach hunn; dat heescht souwuel vun enne vum Terrain wéi och vun uewen erof.

» **M. Robert Mehlen (ADR).** - ...et wär virdrun net vill geschitt.

» **M. Ben Fayot (LSAP).** - An ech hunn...

Här Mehlen, Dir sidd jo Ären erzéiungspolitesche Spriecher. Dir kënnt jo dann herno och op déi Problemer do agoen.

Wat ech constatéiert hunn hei an dëser Chamber, net nëmmen an deene leschten Deeg: Mir hu virun e puer Deeg den Uewergrad vum Neie Lycée mat 59 Stëmme vu 60 hei ugehall. Also Unanimitéit fir eng Schoul, déi am Ufank belächelt ginn ass an als Zirkusschoul dohinnergestallt ginn ass. Et ass elo allgemenge Konsens. Ech hunn dem Här Berger...

» **Mme Anne Brasseur (DP).** - Et war keng Unanimitéit!

» **M. Ben Fayot (LSAP).** - Jo, ech hunn dat do gesot. Ech hu gesot, 59 vu 60.

» **Mme Anne Brasseur (DP).** - Dir hutt gesot: mat enger grousser Unanimitéit.

» **M. Ben Fayot (LSAP).** - Jo.

» **Mme Anne Brasseur (DP).** - Grouss Unanimitéit ass, wann et Unanimitéit ass.

» **M. Ben Fayot (LSAP).** - Jo, quasi...

» **Mme Anne Brasseur (DP).** - Vu dass Der Är Syntax och kuckt, da kucken ech d'Logik. Unanimitéit, dat sinn der...

» **M. Ben Fayot (LSAP).** - Jo, Dir hutt jo net derfir gestëmmt. Dat ass jo och allgemeng bekannt, Madame Brasseur.

Ech wëll och soen, dass déi Diskussioun elo iwwert déi École de la deuxième chance eigentlech eng interessant Diskussioun ass, well se jo och erkenne léisst, dass do eng relativ grouss lwwereneestëmmung iwwert dese Projet ass.

An ech muss och constatéieren, dass am Fong geholl déi Ausrichtung vun der Schoulpolitik, op jidde Fall wat d'öffentlech Schoul ugeet, vun deene leschte Joren, an de groussen Zich bal an alle Parteiprogrammer och iwwerholl gëtt. Ech ginn e puer Stéchwierder einfach. Zum Beispill:

- d'Nécessitéit, fir de Schoulen Autonomie ze ginn, fir dass se vun ennen erop och duerch hir eegen Dynamik Saache kënnen entwéckelen;

- eng méiglechst grouss Participatioun vun den Enseignanten um Terrain;

- natierlech och d'Partnerschaft vun den Elteren, fir iwwerhaapt déi participativ Strukturen - net déi Struktüre vun uewen no ennen, net vum Direkter erof op d'Basis, mä déi participativ Strukturen -, déi et an der Schoul soll ginn, fir d'Erneierung, d'Innovatioun an der Schoul virunzebréngen;

- och déi Iddi vun der Differenzéierung vun der Schoul opgrond vun der Heterogenitéit vun de Kanner an der Schoul;

- de Kompetenzunterrecht, dat heescht, de Kanner ze weisen, wéi ee sech Wëssen uneegent, net einfach d'Wëssen an en Trichter maachen, mä wéi ee sech d'Wëssen uneegent;

- all Kand och méiglechst vill Chancen ze ginn, an doduerch dann och jiddwer Kand en Ofschloss ze erméiglechen.

Dat sinn déi grouss Linnen trotzdeem vum enger Politik, déi hei net an der Lëtzebuerger politescher Klass a Fro gestallt ginn. Ech freeë mech doriwwer an dofir kann ech op jidde Fall dee komesche Saz vun de Weeër, déi solle Bildungschaos stoppen, net novollzéien.

Ech mengen trotzdeem, dass et an dëser Schoul och nach ëmmer noutwendeg ass, fir Pilotprojeten ze maachen. Grosso modo ass jo d'Schoulpolitik an deene leschte Joren op zwou Schinne gefuer: engersäits natierlech grouss Kadergesetzer, déi mer am Januar hei ofgestëmmt hunn - Berufsausbildung, Reform vum Gesetz vun 1912 -, an op där anerer Säit d'Schinn vun de Pilotprojeten, den Neie Lycée, Eis Schoul, Bac international a Schoulen an aner Initiativen. Ech wëll se net alleguerten opzielen.

Dat ass sécher och de Fall fir déi École de la deuxième chance, déi hei soll gemaach ginn. Déi École de la deuxième chance... Ech wëll net widerhuelen, wat d'Madame Hetto an och den Här Berger exzellent hei gesot hunn, selbstverständlech och de Rapporteur.

Den Décrochage scolaire, dee besteet. En ass zwar erofgaang zu Lëtzebuerg dank deenen Initiativen, déi an deene leschte Joren am Ministère geholl gi sinn. Mir haten 2003 bis 2004 17,2% Décrochage, an 2006 bis 2007 ass en erofgaang bis 9,4%. Et bleift...

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

Wann ech Iech stéieren, Dir Hären, dann entschëllegt mech. Dann halen ech op, da kënnt Dir viruschwätzen.

Déi...

(Interruption)

Hutt Der Iech zu Wuert gemellt, Här Jaerling?

» **M. Aly Jaerling (Indépendant).** - Neen, ech hu just gesot...

» **Une voix.** - Hie sicht no enger Heemecht, Här Fayot.

(Hilarité)

» **M. Ben Fayot (LSAP).** - Ma da probéiert emol, ob en eng Chance bei Iech huet.

» **Mme Anne Brasseur (DP).** - An der Schoul géif ee soen, wann d'Kanner net oppassen, et wier dem Prof seng Schold.

» **Plusieurs voix.** - Oooohhh!

» **M. le Président.** - Här Fayot, fuert wann ech gelift weider!

» **M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).** - Dat géif ech mer awer net bidde loosse.

» **Plusieurs voix.** - Jo!

» **M. Ben Fayot (LSAP).** - Här Gira, d'Madame Brasseur war eng Kéier Minister a si muss et jo da wëssen.

(Hilarité)

» **M. Robert Mehlen (ADR).** - Déi Gréng si ganz antiautoritär erzunn. Dat ass kee Wonner.

(Brouhaha)

» **M. le Président.** - Här Fayot, fuert wann ech gelift weider!

» **M. Ben Fayot (LSAP).** - Firwat den Décrochage scolaire bekämpfen? Mä well den Décrochage scolaire am Fong geholl eng Form vun Exklusioon ass. Am Wäissbuch vun der Kommissioun vun 1995 ass och d'Exklusioon ugeschwat ginn, déi muss bekämpft ginn an enger Société de connaissances. Just eben an enger Société de connaissances, wou d'Bildungsstandarden ëmmer méi héich ginn, ass et wierklech eng radikal Form vun Exklusioon, wann een an der Schoul net matkënnt oder wann d'Schoul et net jiddwerengem erlaabt, esou wäit wéi méiglech matzekommen. Dofir mengen ech schonn, dass dese Projet wichteg ass, fir déi Form vun Exklusioon ze bekämpfen.

Sécher sinn ech och d'accord mat deem, wat gesot ginn ass. Eng École de la deuxième chance muss eppes aneschters si wéi eng sougenannt normal Schoul. Iwwert d'Methoden an d'Ausrichtung vun esou enger École de la deuxième chance si vill Diskussiounen gefouert ginn. Déi sinn hei och rappeléiert ginn.

Déi Iddien, déi och zum Deel zum Beispill 1998 scho vum René Kollwelter an enger Mission parlementaire duergeluecht gi sinn, dat sinn net déi eenzeg. Wann ee kuckt, a Frankräich gëtt et eng ganz Federatioun vun Écoles de la deuxième chance. Et gëtt innovativ Schoulen, déi sech intensiv domat ofginn, fir Kanner, déi wierklech échouéiert hunn, erëmzekeréien. Dat ass also keng nei Diskussioun. A jiddwereen, dee sech fir Schoul interesséiert, deen huet déi Diskussioun och am Laf vun de Jore matgemaach.

Et si sécher iwwert dee Projet hei Diskussiounen gefouert ginn. Ech hunn och déi Kritiken an den Avisë vun de Chambres professionnelles gekuckt. An déi Kritiken, déi sinn och zum Deel pertinent. Eppes muss ech allerdéngs soen: Ech hunn den Här Berger hei gehéiert ze monéieren, dass et besser gewiescht wär, et hätt een en Établissement public domat gemaach. Hat ech dat falsch verstan?

» **M. Eugène Berger (DP).** - Här President, ech wëll just kloerstellen: Ech hu viru gesot, datt et verschidde Modeller géif ginn. Den Här Kollwelter hat a sengem Rapport dat proposéiert. Dat hunn ech nëmmen zitéiert. Ech hunn elo net derfir plädéiert.

» **M. Ben Fayot (LSAP).** - Dir hutt et net kritiséiert.

» **M. Eugène Berger (DP).** - Ech wollt einfach nëmme soen, datt et verschidde Modeller gëtt.

» **M. Ben Fayot (LSAP).** - Neen, well soss hätt ech missen do eppes anescht formuléieren.

» **M. Eugène Berger (DP).** - Neen. Ech wollt dat awer kloerstellen, wann den Här Fayot dat vläicht falsch verstanen huet.

» **M. Ben Fayot (LSAP).** - Okay. Neen, ech hat da geduecht, Dir hätt gesot, et wär besser gewiescht, et hätt een en Établissement public gemaach. Dat hutt Der net gesot, esou dass ech dann natierlech net brauch dorobber zrëckzekommen.

Sécher ass et och interessant, fir dee ganzen Opbau vun där Schoul ze kucken, dee jo extrem komplex ass. An ech muss éierlech soen, do hunn ech dann e bëssen Nostalgie gehat, well ech emol eeler Schoulmeeschteren, oder Schoulmeeschteren, vun deenen déi meescht schonn dout sinn, awer kannt hunn.

Ech denken un ee wéi de René Grégorius, ech denken un ee wéi de François Frisch, ech denken un ee wéi de René Schmitt. Alleguerten déi Schoulmeeschteren, déi sief et an der Oberprimärschoul waren, sief et a schwierge Schoulen hei an der Congrégatiounsgaass an déi eigentlech alles dat selwer gemaach hunn, wat an dese Struktüre

gemaach gëtt. Dat heescht, déi d’Kanner begleet hu bis an hiert Berufsliewen an déi se nach an hirem Berufsliewe suivéiert hunn, bei se gaange sinn a mat hinnen déi Aarbechte gemaach hunn.

An dunn hunn ech mer geduecht: Solle mer dann net esou Personalitéite fannen, fir dat ze maachen? Brauche mer dann déi wirklech ganz komplex Strukturen, wou och ganz vill Intervenantë sinn, déi sech mat de Kanner mussen ofginn?

An ech hunn da geduecht: Déi Nostalgie ass awer vläicht e bëssen iwwerdriwwen, well d’Problemer vun haut si vläicht awer nach méi villschichteg, wéi se vläicht virun - loosse mer soen - 40, 50 Joer waren.

Mir hunn natierlech sozial Problemer. Mir hu Familljeproblemer, well et Famillje sinn, déi einfach net méi zesummenhalen. Mir hunn och Problemer ganz einfach vum Projet de vie, dass d’Kanner, dass Jugendlecher net méi wëssen, wou se eraus solle kommen, wat se iwwerhaapt mat hirem Liewe solle maachen. Dat ass jo dat Allerschlëmmst, wat ee ka fannen. Mir hu reng kierperlech Problemer. Mir hu sexuell Problemer. Mir hunn Drogeproblemer; Problemer vu Gewalt, mat deenen een net fäerdeg gëtt.

Esou dass ech mengen, dass et scho berechtegt ass, dass een eng ganz Partie Spezialiste muss hunn, déi och zesumme muss schaffen. A wesentlech ass, dass déi Spezialisten net jiddweree säi Pré carré mécht, mä dass jiddwereen zesummeschafft, dass dat also Equipé ginn, zu deenen d’Kanner och Vertraue kënnen kréien a mat deene se dann zesumme schaffen.

Dat waren, Här President, déi puer Wuert, déi ech wollt soen. Ech mengen, hei ass e groussen Défi, deen an där Schoul do läit. An et ass sécher, dass et och wäert Problemer ginn, fir deen Défi direkt richtig unzepaken. Mir brauchen hei wirklech gutt Spezialisten, engagéiert Spezialisten. Mir brauche Leit, déi pedagogesch innovativ kënnen un d’Kanner erugoen a mat de Kanner eppes maachen.

Mir brauchen also keng nei Schoul, mä mir brauchen eppes komplett anescht, an deem d’Kanner en neie Start kënnen huelen, d’Jugendlecher en neie Start kënnen maachen. An där Hisiicht op jidde Fall muss ech d’Regierung félicitéieren, dass se dee Schrëtt gemaach huet. An ech hoffen, dass mer op deem Wee och e Resultat géint d’Exklusivoun fäerdeg bréngen.

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Fayot. Den nächste Riedner ass den Här Claude Adam. Här Adam, Dir hutt d’Wuert.

» **M. Claude Adam (DÉI GRÉNG).** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mam Projet de loi 5975 schafe mer haut eng École de la deuxième chance. Den honorabele Rapporteur Fernand Diederich huet ausféierlech de Projet a sengem schrëftlechen a mündleche Rapport beschriwwen. An duerfir soen ech him Merci.

Eng alleréischts an allerwichtigst Fro, déi mer eis bei dësem Projet gestallt hunn, ass natierlech déi heiten: Brauche mer wirklech eng École de la deuxième chance? Well wa mer eng École de la deuxième chance schafen, da gesti mer jo an, dass mir eng ganz Rei Jonker hunn, déi an eisem Schoulsystem net kënnen bestoen.

Wier et net méi richtig, méi sënnvoll, all eis Kräftefen op de bestehende Schoulsystem ze konzentréieren? D’Schoul als Chance fir all Kand an all jonke Mënsch ze betruuchten? D’Schoul als System auszebauen, deen net just selektionéiert, mä deen et erméiglecht, all eenzelt Kand, all eenzelne Jugendlechen a senger Perséinlechkeet eescht ze huelen? En do ofzehuelen, wou en ass, hien ze fërderefen an op sengem Wee zu engem autonomen, engagéierten, kriteschen a gebilten Erwuessenen ze begleeden?

Eigentlech ass et erstaunlech, dass mir grad zu dësem Zäitpunkt, nach zum Schluss vun enger Legislaturperiod, dëst Gesetz diskutéieren a stëmmen. Mir haten am Ufank vun dëser Legislaturperiod sporadesch eng École de la deuxième chance ugeschwat, an de Message war dunn ëmmer: Komm, mir investéieren an d’Schoul insgesamt. Komm, mir schaffen drop hin, dass mer vu virera keng Décrochages scolaires kréien, dass eise Schoulsystem manner Verléierer produzéiert, déi mer da mat vill Méi an ouni Garantie op Succès mussen erëm siche goen an an d’Schoul integréieren.

Mir hu jo eng Rei Mesuren an dëser Legislaturperiod gemeinsam geholl. Ech denken un d’Gesetz iwwert d’Verlängerung vun der Schoulpflicht op 16 Joer. Mir konnten als Gréng dat Gesetz leider net matstëmmen,

well zwee Artikelen drastinn, déi näischt dra verluer haten.

Mir haten awer bei der Diskussioun a beim Vote kloer zum Ausdrock bruecht, dass mir mat der Verlängerung vun der Schoulpflicht averstan wäeren. An dat besonnesch, well am Artikel 12 festgehalen gouf, dass mir géife begleedend Moosnamen aféieren, mat deene mir wëllte sécherstellen, dass mer eist Zil „manner jugendlech Schouloufbrieche“ och kéinten erreechen.

Am Artikel 22 vun dësem Gesetz, wat eréischt de Januar dëst Joer gestëmmt ginn ass, gouf och festgehalen, dass mir nach fir dëst Schouljoer 20 Educateurs gradués géifen astellen an dann och nach all Joers zéng weider Educateurs gradués; bis d’Schouljoer 2012/13 wieren dat nach eng Kéier 40 esou qualifizéiert Leit.

Mir sinn als Gréng iwwerzeugt dervun, dass et absolut richtig ass, méiglechst fréi d’Kanner ze fërderefen, dass ee qualitativ héichwäertegen Encadrement besonnesch vun eise klengen Kanner eis eng ganz Rei mënschleche Misär erspuere léisst. Suen, déi mir an d’Preventioun investéieren, bréngen och ëmmer méi Zënsen, wéi Suen, mat deene mer probéieren eventuell Entgleisungen erëm riichtzebéien.

D’École de la deuxième chance ass keen Argument, fir op eng Reform vum Secondaire ze verzichten. Mir brauchen am Secondaire eng national Strategie, fir déi vereenzelt gutt Initiativen ze koordinéieren an ze verallgemengeren.

Et muss also séchergestallt ginn, dass d’Schoul vun der zweeter Chance net ka mëssbraucht ginn als Solution de facilité vum reschtleche Schoulsystem. Nom Motto: Mir kënnen näischt mat deem do ufänken, mir ginn et op, mä et gëtt jo nach d’Schoul vun der zweeter Chance.

Et wier an eisen Aen eng Katastroph, wann d’Zuele vun den Décrocheurs scolaires, déi an der leschter Zäit jo liicht erofgaange sinn, duerch de Fait, dass mer esou eng Schoul opmaachen, erëm géifen an d’Luucht goen.

Am zweete Kapitel vum Exposé des motifs vun dësem Gesetz ginn dann och elo déi Décrocheurs scolaires als Zilgrupp vun dëser neier Schoul festgehalen. An dës Zilgrupp gëtt och hei beschriwwen. Ech ginn elo net méi op d’Detailler a vun dëser Beschreibung - meng Virriedner haten dat gemaach -; erënnerefen awer un zwee Punkten, déi hei ze liese sinn:

1. D’Statistike soen, dass de Prozentsaz vun de Schouloufbrieche vun 2003 bis 2007 kontinuierlech erofgaangen ass.
2. Eng vun den Ursaachen, déi vun de Schüler selwer ugefuert gëtt, firwat dass si mat der Schoul ofgebrach hunn, ass ee schlechte Choix vun der Formation respektiv eng schlecht Orientatioun.

Zu de Statistike kann ee méi allgemeng bemierken, dass mer eis nach ëmmer schwéierdinn, konkret an och vergläichbar Zuelen op den Dësch ze kréien. Dat ass wahrscheinlech drop zréckzeféieren, dass mir ganz spët mat statisteschen Erhiewungen ugefaang hunn an net kënnen op eng Tradition a vill Erfahrung an deem Beräich zréckgräifen.

An den 90er Jore sinn et zu Lëtzebuerg wirklech nach guer keng Zuelen iwwer eis Schüler ginn. Sécher ass hei schonns villes geschitt an deene leschte Joren. Zënter der Madame Brasseur hu mer ewell iwwerhaapt Zuelen, an och an dëser Legislatur ass d’Bestandsopnahm vun Donnéeën verbessert ginn.

An awer kënnen mer d’Bemierkung vun der Chambre des Fonctionnaires deelen, wéi se an hirem Rapport steet: «La Chambre est stupéfaite que, pour un projet de loi d’une telle envergure, on fournisse des données aussi fragmentaires.»

Och de Statsrot bemängelt, dass mer keng Feinanalys kënnen maache mat deem statistesche Material, wat mer hunn. Och geschéit um Colloque iwwert d’École de la deuxième chance am ECG, wou schonn haut e puermol dervu geschwat ginn ass, ass festgestallt ginn, dass mir zum Beispill guer keng Donnéeën hunn iwwer jonk Erwuessener vun 20 Joer an driwwer, déi awer och Zilgrupp vun dësem Gesetz sinn.

Mä wéi schonns gesot, d’Zuel vun de Schouloufbrieche ass erofgaang, a mir ware fir d’lescht bei engem optimisteschen Szenario vun ongeféier 10% Ofbrieche vun engem Jorgank; wat der nach ëmmer vill ze vill sinn, mä wat awer eng Verbesserung duerstellt.

Zu den Ursaachen: Wann eng 20% vun de Schouloufbrieche soen, si wiere schlecht orientéiert ginn, an eng weider 25%, si wieren net méi motivéiert, wat jo net ausschliesslech eng Fro vun Orientatioun ass,

awer trotzdem steet eng falsch oder schlecht Orientatioun och ëmmer a Relation mat der Motivatioun, da muss et och erlaabt sinn ze froen, ob et net aner, eventuell méi effikass Mesurë gëtt, fir op de Phänomeen vum Décrochage scolaire ze reagéieren, wéi eng Schoul vun der zweeter Chance.

An ech kommen dann och op déi Kritik vun der grénger Fraktioun um Gesetz vun der Reform vun der Formation professionnelle, dat den 18. November 2008 an der Chamber votéiert gouf, zréck. De Statsrot hat do proposéiert, d’Kapitel iwwert d’Orientation scolaire erauszehuelen. Net, well et net wichtig wier, mä grad just well et ganz wichtig wier an eigentlech en eegent Gesetz géif verdéngen.

D’Viviane Loschetter hat bei där Debatt am Numm vun der grénger Fraktioun gesot, dass esou e Gesetz iwwert d’Orientation scolaire et professionnelle eigentlech virun all aner Gesetz an der Bildungspolitik misst geschaf ginn, besonnesch virun all aner Gesetz, dat de Postprimaire u sech betrëfft.

Mir brauchen eng ministèreiwwergräifend Orientéierungspolitik zu Lëtzebuerg. Mir denken - an ech zitéieren d’Viviane Loschetter vun deem Débat -, dass et Zäit ass, all Instanze ronderëm de Jugendlechen ze regroupéieren, op enger konvivialer an accessibeler, flotter Plaz fir d’Jugendlech. Ee Genre „Guichet unique“, wou notamment d’Action locale pour jeunes, de Conseil à l’apprentissage, d’Antenne vun de Berufschamberen hir Plaz hätten; wat dann och eng effektiv Vernetzung a Kollaboratioun géif erlaaben.

Dës regional organiséiert Plaze garantéieren ee kompetenten a pluridisziplinären Encadrement vum Jugendlechen. Een Encadrement, dee souwuel d’Schoul wéi och d’Aarbechtswelt gutt kennt. Een Encadrement, deen de Jugendlechen op sengem Wee an der Elaboratioun vu sengem éischte Projet de vie begleet an ënnerstëtzt.

Mir debattéieren haut iwwer eng Schoul vun der zweeter Chance. Mir hunn awer nach net all Méiglechkeete vun der Schoul insgesamt ausgeschafft.

Ganz gutt hu mir och déi Aussoe vun der Directrice vun ECG gëschter um Colloque gefall. Si huet de Succès vun hiren „Jeunes adultes“-Klasse virun allem esou erkläert: Mir këmmerefen eis ëm eis Schüler aus dëse Klassen. Si kréien een Encadrement wéi an enger Famill. Mir probéieren hinnen d’Méiglechkeet ze ginn, dass si an hiren éischte Prüfungen ganz gutt Notë kréien. Gutt Prüfungen wierke Wonner, wat d’Motivatioun vun de Schüler betrëfft.

Dës Klasse vun de Jeunes adultes kéint ee schonn als „École de la deuxième chance“-Klasse bezeichnen. Hei sinn allerdéngs d’schoulesch Ufuerderungen ganz héich, et gëtt jo schliesslech op ee Bac higeschafft.

D’Schoul vun der zweeter Chance adresséiert sech u Jonker tëschent 16 a 24 Joer. D’Décisioun, fir just Jonker bis 24 Joer opzehuelen, schéngt eis net ganz logesch. An dem Gesetz iwwer Aide à l’enfance et à la famille zum Beispill définéiere mer de Jeune adulte als Mënsch tëschent 18 a 27 Joer. An eisen Ae wier et richtig gewiescht, déi 25- a 26-Jähreg net hei auszulessefen. A Frankräich hu se zum Deel vill méi eng grouss Öffnung, wat d’Altersspart ugeet. Mä déi franséisch École de la deuxième chance ass net direkt vergläichbar mat eiser. Déi Schoulen hu sech quasi géint hire Ministère de l’Éducation nationale duerchsetze missefen. Hei ass et de Ministère de l’Éducation nationale selwer, deen dës Schoul an d’Liewe rëfft.

Mir kënnen mat den Altersbeschränkungen an dëser Startphas liewen. Eng Erweiderung ass jo nach ëmmer denkbar, wa se sech dann als sënnvoll sollt erweisen.

Da gëtt och nach d’Fro opgeworf, ob d’Organisatioun vun dëser Schoul net ze vill schoulesch wier. Dat heescht, net ze vill no un deem System, wou déi concernéiert Zilgrupp jo schonns een heftegen Échec erlieft huet.

Mir si mat der Zilsetzung, wéi se am Artikel 2 festgehalen gouf, an zwar, dass d’Schüler erëm an den Enseignement secondaire oder an den Enseignement secondaire technique sollen zréckgefuert ginn, averstan. Mir mengen, dass et kee Sënn géif maachen, wann an dëser Schoul nei Diplomer géifen erfenot an ausgestallt ginn.

Mir fannen et och korrekt, dass d’Insertion professionnelle soll gefërdert ginn, respektiv de Wee fir d’Erwuessenebildung opgemaach soll ginn.

Bedenken hu mer nach ëmmer mam Artikel 28, wou lapidar festgehalen gëtt, dass all Dispositionen, déi d’Disziplin an d’Uerdnung an der Schoul regelen, déiselwecht sinn, déi an de Lycéeën wäerte gëllen.

Mir hate Bedenken, well mir et jo hei an där Schoul mat Schüler ze dinn hunn, déi schonns eng Kéier méi oder manner grouss Problemer mat eisem Schoulsystem haten. Mir wëssen och, dass vill vun deene Jonken, déi mer hei wëllen erreechen, schonns e mouvementéierten CV hunn.

Datt mir och an dëser Schoul eng ganz Rei strikt Regele brauchen, schéngt fir eis evident. An der Chamberskommissioun gouf mer verséichert, déi Dispositionen an de Lycéeën kéinte vun de jeeweiligen Direktiounen ganz flexibel gehandhaabt ginn. Dat ass an eisen Aen och onbedéngt néideg.

Et ass evident, dass dës Schoul Hëllef aus der Industrie an nach méi aus dem Handwierk brauch, fir kënnen déi Stagen unzëbitten, déi hire Schüler et erméiglechen, Fouss an der Aarbechtswelt ze faassen. Déiselwecht Hëllef brauche mer och schonns bei der Émsetzung vun der Reform vun der Formation professionnelle. Hei wäert d’Zukunft relativ schnell weisen, ob déi Hëllef a Solidaritéit aus der Aarbechtswelt grouss genuch ka sinn.

An der Schoul zu Marseille, déi och ëm munches méi grouss ass wéi déi Schoul, déi mir hei plangen, geet Rieds vun 2.000 Entreprises an Associatiounen, déi Partner vun dëser Schoul sinn, an déi meescht Hëllef kënnst - et wonnt eis net - aus klengen a ganz klengen Betriber.

Gutt gefäلت eis dat Kapitel iwwert de pedagogesche Kader, dee bei dësem Gesetz fir dës Schoul gesat gëtt. Gutt gefäلت eis, dass vun Ufank un op d’Équipe pluridisciplinaire an Zesummenaarbecht mat wëssenschaftlechen Instituter gesat gëtt.

D’Missiounen vun der Équipe pédagogique ginn och opgezielt. Si si villsäiteg a verlaangen och d’Iwwerhuele vu Responsabilitéit.

Fir dass bei deene ville Mataarbechter a bei deene ville Responsabilitéiten awer alles gutt fonctionnéiert, gëtt et och ee Chef hiérarchique vun der Schoul, een Direkter, dee vun engem Adjoint assistéiert gëtt. A wann dat net duergeet, dann dierfen och nach Attachés à la direction genannt ginn.

Gutt gefäلت eis och de pedagogesche Konzept: Een individuelle Programm, modularen Unterrecht a Portfolio soll et deene Jugendlechen erlaben, hire schoulesche Rhythmus ze fannen. Zwee Joer Zäit huet de Schüler, fir de Wee erëm zréck an eng Schoul, eng Berufsausbildung oder ee Beruf ze fannen.

Gutt gefäلت eis och dat Kapitel am Exposé des motifs, wou iwwer Zesummenaarbecht mat den Eltere geschwat gëtt. Mir mengen awer, dass déi Remarquen hei - eng gutt Informatioun fir d’Elteren, ee perséinlechen Accueil an d’Schafe vun engem Klima vum Vertrauen - nach vill méi fir all Secondaireschoulen aus dem ganze Land misste gëlle wéi fir d’École de la deuxième chance. Wann dat alles nämlech net geschitt ass, ier déi Jonk 16 Joer al gi sinn, dann dierft et ganz schwierig ginn, fir d’Eltere vu 16- bis 24-Jähregen nach zum Beispill fir Weiterbildungscoursen ze begeeschteren.

Här President, Léif Kolleegen a Kolleeginnen, och wa mir net ganz richtig verstinn, firwat mer déi École de la deuxième chance grad elo nach solle stëmmen, elo, wou mer nach net wëssen, wat déi Mesuren, déi mer ergraff hunn an déi ech virdru beschriwwen hunn, am Positive kënnen bewierken, grad elo, wou déi lescht Statistiken éischt Erfollegger am Kampf géint den Décrochage kënnen vermelden, sou wëll ech awer den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet bréngen.

Och 10% Décrochage scolaire sinn net akzeptabel, a wann och eng École de la deuxième chance keen Allheilmittel ass, esou kann dës Struktur, wa se da richtig genotzt gëtt, hire positive Bäitrag bréngen.

Mir fannen, dass de Projet de loi 5975 genuch Spillraum léisst, fir eng weider positiv Mesure am Bildungsberäich kënnen ze ginn. Dat klappt allerdéngs nëmme, wa mir et fäerdeg bréngen, dass all Acteuren am schouleschen Émfeld méi enk a méi systematesch wéi bis elo zesummeschaffen. Soss riskéiere mer eng Situatioun ze kréien, wou Schüler vu Pontius op Pilatus reese respektiv vun enger Schoul bei déi aner, vun enger Berodungsstell bei déi nächst, ouni déi gebrauchten Ënnerstëtzung ze fannen.

Dat klappt och nëmmen, wann dës Schoul vun der zweeter Chance eng kleng Schoul bleift. Ech weess net, ob ech den Optimismus vum Här Berger kann deelen, datt ee Verfallsdatum soll dropstoen, mä et schéngt mer evident, datt dat muss eng kleng Schoul bleiwen, eng flexibel Struktur, wa méiglech mat dezentralen Antennen. A mir sinn och der Meenung, datt ee klengt Internat hei muss schnell matgebaut ginn.

Ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Adam. Den nächste Riedner ass den Här Mehlen. Den Här Mehlen huet d'Wuert.

» **M. Robert Mehlen (ADR).** - Merci, Här President. Här President, Dir Dammen, Dir Härën, beim État de la nation viru véier Joer huet den Här Statsminister hei ganz haart beklot, datt all Joer 1.200 Jonker hei zu Lëtzebuerg aus dem Schoulbetrib géife verschwannen, an et wéisst een eigentlech net esou richteg, wou se géifen hikommen. An en huet dat deemools opgedeelt. En Deel, deen an d'Ausland géif nach a Schoule goen. En Deel, deen iergendwou eng Aarbecht fonnt hätt an zum Mindestloun do géif schaffen oder och nach vläicht fir manner. Awer 300, vun deene mer net wéissten, wou se géife bleiwen, déi einfach wéi vum Äerdbuedem verschléckt waren.

Deeselwechte Statsminister huet zwee Joer virdru sech batter hei driwwer beklot, datt mer an eiser Schoulpopulatioun, déi, déi erauskéimen, 10% funktionell Analphabeten hätten.

Ech mengen, dat seet scho genuch iwwert d'Noutwendegkeet fir eppes ze ënnerrhuelen, fir op d'mannst deenen ze hëllefen, déi am aktuelle Schoulbetrib ënnert d'Rieder gerede sinn; woubäi ech der Schoul net wëll an alle Fäll d'Schold dorunner ginn.

Mir héieren elo positiv Signaler, d'Zuel vun den Décrocheure wär erofgaange vu 17 op ronn 9%, 10%, mä et bleiwen der 300 pro Joer, déi décrochéieren, déi virun der Zäit ophalen, déi d'Flemm hunn, déi keen Iddi méi hunn, déi demotivéiert sinn.

Ech wëll eng Klammer opmaachen an d'Fro hannendru stellen, wa mer eise Schoulsystem kucken: Wéi gesäit et da mat deenen aus, déi et dann trotz allem bis un d'Enn packen? Wat sinn eis Diplomer nach wäert, wann ee gesäit, wéi vill Kompensatiounen datt mer agefouert hunn, fir de Schüler et ze erlichteren, fir iergendwéi derduerch ze kommen? An ech hänken d'Fro hannendrun: Da frot emol d'Patronen, wéi d'Realitéit dobaussen ausgesäit.

Ech gesi bei mir an der Géigend, datt d'Gemenge sech immens schweierdoen, fir nach qualifizéiert Personal ze fanne fir an hire Sekretariater, well praktesch kee méi duerch, oder ganz, ganz rar nach een duerch déi Exame kënnt. Mä dat ass en aneren Aspekt. Dee betrëfft sécher net de Sujet vun haut, mä e muss an deem Zesummenhang erwähnt ginn.

D'Schoul vun der zweeter Chance ass e Reparaturbetrib. E Reparaturbertib fir dat, wat an der „École de la première chance“ alles schifgelaf ass. D'Schafung vun esou enger Schoul ass den Aveu fir d'Versoe vun der Schoulpolitik vun deene leschte Joren.

» **Une voix.** - Ah sou?!!

» **M. Robert Mehlen (ADR).** - An et misst een eigentlech en Notaire beméien, deen hei géif e Constat par aveu vun der Faillite vun der viregter an der aktueller Schoulpolitik maachen.

Dat, obschonn eis Schoul pro Kapp zwee-anenhalleft Mol méi kascht wéi d'Moyenne vun der OCDE.

Et muss een och wëssen, datt mer zousätzlech 4.000 bis 5.000 Kanner haaptsächlech an der Belsch a Schoulen hunn, wou d'Eltere bezuelen, a wou déi Kanner, wéi mer wëssen, meeschtens do ganz gutt encadréiert sinn an déi do erëm ophuelen an heiansdo oder meeschtens mat enger Qualifikatioun erëm zrëckkommen.

Här President, mir sinn iwwerzeegt - an et ass net fir d'éischt wou mer dat soen -, datt déi Schoulgesetzter, déi mer an der Lescht gestëmmt hunn, et net géife bréngen. Ech

hat d'éinescht d'Impressioun bei der Spracherin vun der CSV, datt d'Madame Hetto an hir Partei och darselwechter Meenung wären, op jidde Fall huet et esou geklongen. Si huet zwar gemengt, wéi ech se interpelléiert hat, si wär zwar iwwerzeegt, datt dat alles tipptopp wär. Mä si huet geschwat vun all deem, wat sech nach an der Schoul misst verbessern.

Mir wëssen, den Här Fayot huet dervu geschwat, an dat ass sécher e ganz schwieere Phenomeen vun eiser Zäit, datt viles an eise Familljen net méi esou fonctionnéiert wéi fréier, oder op d'mannst net esou, wéi ee sech et géif wënschen, am Intérêt vun de Kanner, datt et sollt sinn.

Psychologen an Neurologen, a wéi se och all heeschen, si sech driwwer eens, datt de gudder familiären Encadrement fir den Développement vum Kand, fir seng Motivatioun an herno och fir den Erfolleg immens wichteg ass. Déi dräi éischt Joer, gëtt gesot, wärend souguer ganz decisiv.

Do muss ech soen, datt déi aktuell Politik vun der Regierung een zum Widdersproch regelrecht erausfuert, wann ëmmer erëm gesot gëtt, et misste méi Frae schaffen goen. Mir wësse jo, wat domat gemengt ass.

Wa mer elo gesinn, datt déi, déi schaffen ginn, dobäi ënnerstëtzt ginn, an déi, déi hir Berufstätigkeet ënnerbriechen, fir sech intensiv ëm hir Kanner ze bekëmmern, am Ree stoe gelooss ginn, da kann een d'Welt eigentlech net verstoen.

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - Si gi gestrooft, wa se gäre bei de Kanner bleiwen?

» **M. le Président.** - Här Braz, stellt Är Fro haart, wann ech gelift!

» **M. Robert Mehlen (ADR).** - Ech hunn net gesot, gestrooft. Dir hat net richteg nogelauschtert. Ech hat gesot, si géifen am Ree stoe gelooss ginn.

Effektiv gi se net gläich behandelt. Den Här Fayot huet zu Recht hei drop higewisen, datt et schwieereg Situatiounen gëtt. Et gëtt ganz vill elengerzéiend Mammen, a wa se mussen schaffen goen, obscho se gäre géife bei hire Kanner bleiwen, well hir Erzéiungstätigkeet näischt wäert ass, da muss een dat ganz haart kritiséieren. Et kann net sinn, datt eng Erzéiungstätigkeet, déi als Beruff ausgeübt gëtt, a wat fir enger öffentlecher Struktur och ëmmer, och als Beruff unerkannt ass, an déi Erzéiungstätigkeet, déi sech am familiäre Kader vollzéit, net considéréiert gëtt.

Här President, ech schwätzen aus Erfahrungen aus mengem eegene familiären Ëmfeld. Ech kënnt lech dräi ganz konkret Fäll nennen, well ech se och gutt kennen, déi ganz sécher am Échec gelant wieren, méiglecherweis am Décrochage - wéi mer dat op gutt Lëtzebuergesch nennen -, wann hir Mammen net doheem gewiescht wieren, fir se an der Riicht ze halen a fir hinne virunzehëllefen. Wou d'Mammen deelweis vun deene Services de guidance gesot kritt hunn, si solle kucke se iergendwou, ech weess net a wat fir engem Betrib, ënnerzebréngen, well et hätt kee Wäert.

Ech kann lech soen, datt déi dräi konkret Fäll hir Universitéite mat Erfolleg ofgeschloss hunn an haut a gudder berufflecher Positiounen sinn. Dat wier ouni den Asaz vun deene Mamma ganz sécher net de Fall gewiescht.

Ech sinn net deen Eenzege, deen dat hei seet. Mir solle seriö driwwer nodenken, wat dat eent eis kascht, net nëmmen un Échec fir déi Leit, déi dovun betraff sinn, mä eis Gesellschaft, wann et da schifgeet, a wat dat anert kascht, wa mer deenen, déi dat weinstens wëlle maachen, déi materiell Méiglechkeet ginn, fir sech méi intensiv ëm hir Kanner ze këmmern.

Här President, mir si jo der Meenung, datt déi Schoulreformen zum Échec condamnéiert sinn, an ech freeë mech driwwer, datt d'CSV sech elo zu Wuert gemellt huet, well mer besonnesch am Grondschoulbetrib vun Ufank un, dat heescht scho Précocité, Spillschoul a Primärschoul gutt fonctionnéierend Strukturen brauchen, mat engem Direkter un der Spëtzt.

» **M. Ben Fayot (LSAP).** - Den Direkter léist alles.

» **M. Robert Mehlen (ADR).** - Den Direkter léist net alles, Här Fayot. Ech froe mech just, woufir datt mer Direkteren an de Lycéëen hunn, well da könnte mer eis déi jo héchstwahrscheinlech spueren. Ech wëll lech just...

(Interruptions)

Mir brauche staark Direkteren, Personalitéiten, déi souwuel op där enger Säit wéi op

där aner Säit intervenéieren, wann eppes net fonctionnéiert. An am Intérêt vun eise Kanner mussen mer fréi usetzen.

Ech wëll lech drop hiweisen, datt et international Kannerrechter gëtt. D'Kanner decidéieren net, a wat fir enger Famill datt se gebuer ginn. Mä et gëtt Kannerrechter, universell Kannerrechter, déi eis als Stat dozou opfuere a quasi zwéngen, eis deene Kanner unzuhuelen, déi net deen Encadrement doheem hunn, dee se eigentlech missten hunn.

Ech wollt nämlech soen, ech kennen och aner Fäll. Kanner, déi net méi an net manner domm a gescheit ware wéi déi aner, déi eleng duerch hiert familiäert Ëmfeld ënnergaange sinn an haut an enger onméiglecher Situatioun sinn, ouni Perspektiv, jeemools an engem Beruff ënnerdaach ze kommen. Nëmme just dorop hin.

Dofir ass dee Punkt esou wichteg. Dofir ass et esou wichteg, datt mer an der Grondschoul Leit hunn, déi bäizäit intervenéieren a kucken, déi Defiziter, déi do sinn, ofstellen, an da muss alt do intervenéiert ginn, wou muss intervenéiert ginn. Mä d'Kand als solcht muss am Mëttelpunkt stoen. Hatt huet seng individuell Rechter, an dofir si mir responsabel.

D'Flemm an der Schoul ass e Risenthema. Wa keng Flemm wier, wann eng grouss Motivatioun wier, da bräichte mer haut net heiriwwer ze diskutéieren. Madame Minister, Dir wësst, datt dat an der PIRLS-Etüd zum Virschäi komm ass, datt kaum e Land ass an deem ganzen Untersuchungsraum, wou d'Flemm an der Schoul, an zwar bei allen Acteuren, esou grouss ass wéi hei zu Lëtzebuerg.

Do mussen mer eis jo dann awer d'Fro stellen: Wat leeft do schif? Ech ka mer net virstellen, datt all Mënsch vu sech aus soll demotivéiert sinn. Mä et weist, datt eis Strukturen net richteg sinn, an datt de Wuerm iergendwou anescht stécht wéi bei den Interlocuteurs, wou sécher eng ganz Partie dach awer Freed hätt Schoul ze halen, an och Freed hätt ze léieren, wann ech dat op d'Schüler iwwerdroen.

De Rapporteur, Här President, huet eis haut de Contenu vum Gesetz am Detail erkläert. Ech wëll dofir drop verzichten, op Einzelheeten anzugeen. Et hätt ee sécher dat eent oder dat anert anescht kënnen upaken. Op een elo en Établissement public zesumme mat de berufflechen Acteuren, mam Berufsmilieu hätt solle maachen oder net, doriwwer kann een diskutéieren. Dat, wat zielt, datt ass, datt déi Struktur herno fonctionnéiert an datt se och wierklech gutt mam berufflechen Ëmfeld zesummeschafft. Mir hoffen, datt dat dann de Fall ass.

Et ass schlëmm, Här President, datt mer dës Reparaturbetrib elo mussen an d'Welt setzen. Mir sinn iwwerzeegt, datt et angesichts dessen, wat mer hunn - well et muss ee jo och déi a Considératioun zéien, déi aus aneren Ursaachen zwar a Mesures d'emploi sinn, mä wou mer och ganz grouss Schwieeregkeeten hunn, se um Aarbechtsmaart ënnerzebréngen, soss wiere se nämlech net do -, datt dat hei eng Dréps Waasser op e gliddege Steen ass. Et ass den Aveu fir d'Versoe vun der Schoulpolitik.

Mir wäerten de Projet trotzdeem stëmmen, an der Hoffnung, datt et geléngt, e klengen Deel vun deenen ermëtzeféischen, déi zum Affer vun enger verfeeltener Familljen-, Jugend- a Schoulpolitik gi sinn.

Ech soen lech Merci.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Mehlen. De leschte Riedner ass den Här Jaerling.

» **M. Aly Jaerling (Indépendant).** - Merci, Här President. Félicitatiounen och un den Här Rapporteur. Ech mengen, iwwer gesetzlech Weeër Mënschen eng Chance respektiv eng zweet Chance ze ginn, dat si mat déi nobelst Gesetzter, déi een hei an dëser Chamber ka stëmmen. A bei dësem Gesetz besonnesch Mënschen, déi de Wee an eng secondaire Weiterbildung net ageschloen oder erëm verlooss hunn, eng zweet Méiglechkeet ze ginn, dës nozehuelen, ass dofir nëmmen ze begreissen.

Eng gutt Ausbildung ass haut nun emol, wéi allgemeng behaapt gëtt, eng zousätzlech Ausgangsbasis fir en Job ze fannen. Esou gëtt emol op jiddwer Fall allgemeng behaapt, wann ee keen adequat Mëttel fënn, fir de Leit en Job ze verschafen, an de Chômage ëmmer méi klëmmt.

Wann och eng gutt Écucatioun kann dozou bäidroen, méi séier en Job ze fannen, esou sinn awer haut trotzdem d'Konditiounen um Aarbechtsmaart anescht wéi déi, déi mir zu eiser Zäit kannen hunn. Si si vill méi haart, well se méi leeschtungsorientéiert sinn, an

d'Diplomer net an alle Beräicher méi d'Hauptstellungsgrënn sinn, an dat besonnesch am Privatsektor.

Oft muss och een Héichdiploméierte seng Dénchscher fir e bradéierte Salaire zur Verfügung stellen, wann e gären en Job hätt, well d'Konkurrenz um Aarbechtsmaart aus der Groussregioun ze vill staarken Afloss op d'Paien hei am Land huet an ëmmer méi kritt. Et brauch een nëmme bei der ADEM nozefroen, wéi vill diploméiert Demandeurs d'emploi do ageschriwwen sinn, an dat iwwer länger Zäit.

Et wier un der Zäit och emol gesetzlech Mindestlëin festzeleeë fir Leit, déi sech d'Méi maachen, sech weiderzebilde respektiv ausbilden. Mindestlëin, déi gestaffelt op deenen eenzelnen Diplomer berouen. Och fir d'Diplomer vu Leit, déi sech weiderbilden, muss et eng finanziell Unerkennung ginn, well gutt ausgebildete Mataarbechter bréngen dem Betrib eng Plus-value, déi awer net vun de Betriber no hirem Wäert valoriséiert gëtt, an domadder de Betriber... Et ginn awer ëmmer méi Betriber, déi déi Plus-value, déi d'Diplomer bréngen, awer net no hirer effektiver Valeur wëllen honoriéieren, ebe well déi effektiv Valeur bradéiert gëtt duerch ëmmer méi niddreg Déngschtleeschungsugebueder.

Här President, eng zweet Chance fir jiddwereen: Jo! A souguer eng drëtt, wann et muss sinn. Mä hunn d'Mënschen hei am Land dann alleguer déiselwecht Chance? Hunn all d'Elteren déiselwecht Méiglechkeet, fir hir Kanner an eng secondaire Éducation ze schécken? Zum Beispill Eltere mat méi Kanner, déi dräi oder véier Kanner müssen erzéien, hunn déi déiselwecht Chance? Oder Klengverdenger, vläicht mat och nëmmen engem Kand?

D'Éducation am Primaire ass gratis, wann een de Minerval aus verschiddene Gemenge ausklammert. Am Secondaire kascht d'Éducation awer vill Geld. D'Eltere musse all Schoulmaterial op hir Käschen uschaffen a kënnen net ëmmer déi optimal Saachen uschaffen, déi de Schüler brauch. Ëmmer méi Eltere kënnen dës finanziell Laascht net droen, an dat kann de Grond sinn, fir dass d'Kanner net an eng zweet Éducationphas erageschéckt ginn, mä versichen en Job ze fannen, fir d'Famill ze ënnerstëtzen oder sech esou séier wéi méiglech selwer finanziell ofzesécheren.

Et gëtt also Kanner, déi net déiselwecht Chance hu wéi anerer, an dat dierf et an eise Land net ginn. Mir ginn zum Beispill finanziell Ënnerstëtzung fir Unisstudenten, mä fir d'éischt muss e Student emol de Wee duerch de Secondaire packen, a wann deen duerch finanziell Contraintë verbaut gëtt, dann ass Schluss.

Duerfir, Här President, wëll ech hei eng Motioun deponéieren, déi d'Regierung opfuert, och fir d'Ausbildung am Secondaire eng Léierentschiedegung ze schafen, fir dass all d'Elteren déiselwecht Chance kréien, hir Kanner an eng secondaire Éducation ze schécken, an domadder och all jonke Mënsch déiselwecht Chancen op eng optimal Éducation kritt, an dass kengem de Wee op d'Uni schonn am Secondaire weinst finanzielle Contraintë ka verbaut ginn.

Motion 1

D'Volleksvertrieederkummer,

- beméit, fir datt all Mënsch déiselwecht Chance kritt op eng gutt Éducation;

- sech bewosst, datt d'Éducation am techneschen a klasesche Sekundarunterrecht mat vill Käsche verbonnen ass fir d'Eltere vun de Schüler, an datt dës Ursaach kënnt sinn, fir datt deen een oder anere Schüler vu manner bemëttelten Eltere sech no der Schoufflicht net kann, respektiv net wëllt weiderbilden;

- kloerstellend, datt et op kee Fall dierf sinn, datt finanziell Contrainten engem Mënsch de Wee zu enger optimaler Éducation verbauen;

- iwwerzeegt, datt eng finanziell Hëllef motivéierend ka sinn, souwuel fir d'Schüler wéi och fir d'Elteren, eng Weiterbildung am Secondaire anzugeen, genausou wéi dat bei der staatlecher Ënnerstëtzung fir d'Unisstudenten de Fall ass;

fuerdert d'Regierung op,

- budgetär Moyenen zur Verfügung ze stellen, fir op Basis vu solidarescher Staffellung vu Léierbähëllefen och am techneschen an am klasesche Sekundarunterrecht Chancëgläichheet ze schafen;

- Méiglechkeeten ze ervaassen, ob een net och kënnt niewent dem Beschäftigungsfong e solidaresch gespeisten Éducationsfong schafen.

(s) Aly Jaerling, Claude Adam, Félix Braz, Camille Gira, Viviane Loschetter.

Ech hoffen, dass déi Motioun, déi ech hei deponéiert hunn, am Interessi vun all deenen, déi duerch finanziell Ursache keng Chance hunn, an de Secondaire ze kommen, ugehall gëtt.

Ech soen Iech dofir schonn am Viraus Merci.

» **M. le Président**.- Déi Motioun, déi den Här Jaerling agereecht huet, dréit Ënnerschrëften, mä keng Nimm. Dir hutt fënnef Ënnerschrëften, déi Leit mussen sech dann ze erkenne ginn.

D'Wuert huet elo d'Regierung, d'Madame Unterrechtsministerin Delvaux.

» **Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle**.- Här President, Dir Dammen an Dir Härren, och ech wëll dem Rapporteur, dem Bim Diederich, Merci soe fir säi Rapport. Ech wëll och all Menge Virriedner Merci soen.

Et hänkt dovun of, vu wéi enger Säit ech et kucken, mä da géif ech soen, eigentlech gëtt et grouss Konsens iwwer Schoulpolitik, iwwer differenzéierten Unterrecht, eng individualiséiert Pedagogik, d'Wichtigkeet d'Kanner ze motivéieren, hinnen de Sënn vum Léieren ze ginn. Dat si jo genau d'Ecksteener, d'Grundsteener, op deenen d'Reforme vun der Grondschoul, vun der Formation professionnelle opgebaut sinn, esou dass ech mech doriwwer ka freeën.

Ech hat och net geduecht, dass mer an der Diskussioun ronderëm d'École de la deuxième chance d'Geleeënheet hätten, iwwert d'Betreiung an d'Prise en charge vun deene kleng Kanner ze diskutéieren, mä all Entrée ass wëllkomm. Ech mengen dat confirméiert, dass mer d'Wichtigkeet vun deenen éischte Joren an der Schoul ënnersträichen. Et ass do, wou de Grondsteen geluecht gëtt fir eng erfollegräich Schoulcarrière, an et ass do, wou mer jo verstärkt wëllen d'Mëttelen asetzen.

Ech war elo e bëssen erstaunt, hei eng Diskussioun ze kréien, wou ech gemengt hat, déi wier wirklech aus engem anere Johonnert - et ass ee jo net méi esou jonk, a mir hunn dat jo alles matgemaach -, déi Diskussioun iwwert déi berufstäteg Fraen an déi net berufstäteg Fraen, ob een do muss da wirklech eng Rivalitéit opbauen. Ech hätt wirklech geduecht, mir hätten...

» **M. Robert Mehlen (ADR)**.- Dir schéngt guer näischt verstanen ze hunn, Madame Minister.

» **Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle**.- Ech hunn awer an deenen 30 Joer, wou ech elo politesch aktiv sinn, immens vill geléiert, an ech hunn och geléiert, dass ech d'Chance hat fir kënnen ëmmer berufstäteg ze sinn, well soss wier et mer a mengem Liewen heiansdo ganz schwéier ergaangen. An ech hunn och geléiert, dass ech mech net culpabiliséiere loosse, wat d'Erzéiung vu Menge Kanner ueet.

» **M. Robert Mehlen (ADR)**.- Huet een dat behapt?

» **Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle**.- Neen, mä dat ass ëmmer déi Ënnerstellung, wa gesot gëtt, d'Fra...

» **M. Robert Mehlen (ADR)**.- Dat ass Är Ënnerstellung. Ganz genee.

» **M. le Président**.- Här Mehlen, Dir hat jo d'Wuert. Madame Minister, dévelloppéiert Är Iddi!

» **Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle**.- Här President, ech wollt just hei... Ech hunn dem Här Mehlen gedëlleg nogelauschtert, obschonn ganz vill Saache mer bëis op de Stréch gaange sinn, an ech géif mer erwaarden, dass ech dann och elo därerf hei fënnef Wieder soen iwwer eppes, wat mer ganz vill um Härz läit.

(**Interruption**)

Merci. Dat ass dach net mënscheméiglech, dass ech déi Autorisatioun hei kréien.

(**Hilarité**)

Ech wëll soen, dass een an der Politik muss de Leit de Choix ginn, fir hiert Liewen esou ze organiséieren, wéi si et fir richtig fannen. Ech wëll awer och soen, dass ech jiddefalls d'Aufgab vun enger Regierung, oder esou wéi ech d'Aufgab gesinn, dass eng Regierung, e Stat och d'Flicht huet, fir deene Leit, déi méi Ënnerstëtzung brauchen, se ze ginn, besonnesch wann et ëm e Sujet geet wéi d'Schoul.

A wa mer soen, déi éischt Joren an der Erzéiung, an der Entwécklung vun de Kanner sinn immens wichteg, dann ass et fir mech eng Prioritéit, fir déi Infrastrukturen ze bidden, dass Kanner, déi net d'Chance hunn, an enger intakter Famill op d'Welt ze kommen, Kanner, déi net d'Chance hunn, sech hir Elteren erauszesiche mat enger héijer Bildung a mat engem héije Schoulof-schloss, déi also eigentlech a ganz schwéiere Konditiounen grouss ginn, dass mer deenen d'Méiglechkeet ginn, an Infrastrukturen an enger qualitativ héijer Prise en charge encadréiert ze ginn.

Ech begéine Schoulen, Kanner, Enseignant, déi mir soen, dass mer Kanner an d'Schoule kréien, an d'Spillschoul, déi iwwerhaapt net kënnen schwätzen. An da weess ech, dass d'Aufgab vun der Schoul jo natierlech riseg grouss ass. Dat ass jo bal net ze packe fir eng Schoul, fir mat deene Kanner... Also hu mer d'Flicht, renforcéiert Infrastrukturen a Prise en charge zur Verfügung ze stelle fir déi Kanner - an et gëtt der vill, an et gëtt der ëmmer méi hei zu Lëtzebuerg -, fir dass mer deenen dee beschte Start an d'Liewen erméiglechen.

(**M. Lucien Weiler reprend la Présidence**)

Duerfir mengen ech, dass dës Regierung genau richtig läit, wa se déi Politik mécht, fir d'Prise en charge, d'Structures d'accueil fir kleng Kanner esou grouss wéi méiglech zougänglech ze maachen, also qualitativ esou héich ze dévelloppéiere wéi et méiglech ass, an ech loosse mech och do net eppes anescht beléieren. Et ass net esou, dass déi aner Leit doduerch gestrooft ginn, wann een engem eppes, wat blutnéideg ass fir d'Zukunft vum Land, fir d'Zukunft vun de Kanner, zur Verfügung stellt.

Da wollt ech nach ee Wuert soen iwwer en anere Punkt, deen hei opgeworf ginn ass, an dat ass d'Flemm an der Schoul. Et ass richtig, dass mer feststellen, dass mer eng grouss Demotivatioun hunn. Wat d'Kanner, déi Jugendlech méi al ginn, wat se manner motivéiert sinn an der Schoul. Dat ass och net e Phänomeen, deen ausschliesslech Lëtzebuerg betrëfft. Dat ass awer a ville Länner esou, an ech mengen, dass mer dofir mussen géigereagéieren, an dat si jo all déi Reformen, déi amgaange sinn, fir dat ze maachen.

Déi Fro, déi ech mer stellen, dat ass... also déi ech gestallt kréien, dat ass: Firwat elo de Projet vun der École de la deuxième chance? De Sujet ass jo net nei zu Lëtzebuerg. Ech mengen, et ass rappeliert ginn, dass schonn 1998 de René Kollwelter e Rapport parlementaire zu deem Sujet gemaach huet, an ech muss soen, dass ech haut mat enger gewësser Nostalgie un de Marc Zanussi denken, dee sech sécher haut gefreet hätt, wann en derbäi gewiescht wier bei dëser Diskussioun. Hien hat dëse Sujet ëmmer als eng vu sengen Haaptprioritéiten a senger politescher Aktivitéit.

Ech hu mech selwer schwéier domat gedoen, fir e Projet vun der École de la deuxième chance op den Instanzewee ze ginn, aus deenen Iwwerleeungen, déi hei gefouert gi sinn, dass mer gesot hunn, am Fong muss all Schoul eng Schoul vun der Chance sinn, net nëmmen eng Schoul vun der deuxième chance, dass mer eng Pedagogie vun der Chance brauchen, all Kand seng Chance ginn. Dat si jo Beméiungen, déi mer an deene leschte Jore gemaach hunn iwwert d'Reformen am Schoulsystem.

Mir hunn och eng grouss Mobilisatioun fäerdeg bruecht am Ministère mat der ALJ, déi sech immens beméit huet, fir d'Leit sichen ze goen, ze mobiliséieren. Mir hunn d'Classes jeunes adultes am ECG, wou Jonker, déi opgehalen hunn, kënnen einfach op Dossier erëm zrëck an d'Schoul kommen. Mir hunn am Februar 2007 e Gesetz gestëmmt iwwert d'Classes COIP, d'Classes d'orientation et d'insertion professionnelles, fir déi, déi d'Kompetenzen net hunn, fir an den Apprentissage ze goen, opzefänken.

Mat all deenen Efforten hu mer et dann och fäerdeg bruecht fir den Taux de décrochage erofzesetzen. Ech mengen, dat ass e Resultat. Mir sinn nach ëmmer op 10%, wat héich ass. Wann ech awer ronderëm kucken an Europa... Dat ass jo e Chiffer, deen a ganz Europa erhuwe gëtt, dee vum Décrochage, an all Land deet sech schwéier domat, all Land, och d'Belsch, wou mer...

Mir kommen eigentlech mam Taux de décrochage net richtig erof, trotz deene villen Efforten, an dofir hunn ech gemengt, da wier et derwäert awer och nach een Instrument derbäizesetzen, an dat ass dann eent vun der École de la deuxième chance, wat en Instrument ass, wat an anere Länner seng Preuvé gemaach huet.

Dat ass och net en Allheilmëttel. Dat ass een Instrument, fir den Décrochage scolaire an den Échec scolaire ze bekämpfen, nie-

went all deene villen aneren, well ech weess, dass et immens vill Schoule gëtt, déi ganz grouss Effortë maachen, fir eben déi Prise en charge individuell, differenzéiert, dat Këmmeren ëm d'Kanner, fir se sozial a pedagogesch ze begleeten.

Wéi gesot, et ware vill Diskussiounen a vill Viraarbecht. Dee Rapport, deen de René Kollwelter gemaach hat, wou hien effektiv proposéiert hat, en Établissement public aus där École de la deuxième chance ze maachen, hunn ech direkt eliminéiert, well ech geduecht hunn, domadder bräicht ech net bis an d'Regierung an an d'Chamber ze kommen, well déi viregt Regierung jo en Accord ofgeschloss hat mat der CGFP, wou gesot ginn ass, et gi keng Établissements publics méi gemaach, wou kann en öffentliche Service gemaach ginn. Do hunn ech geduecht: „Da braucht de guer net domadder unzefänken.“

Duerfir verstinn ech net, dass just vun der DP elo déi Froen do opgeworf ginn. Mir maachen eng Schoul an der Schoul wéi eng aner Schoul. Dat ass den Ënnerschied mat den Écoles de la deuxième chance a Frankräich. Dat heescht net, dass mer net zesummeschaffe mat deenen anere Ministère. Dat gëtt e Comité d'accompagnement, wou de Ministère du Travail an e Verrieder vum Ministère de la Jeunesse dra vertruete sinn, fir ze weisen, dass dat eng gemeinsam Aktioun ass, wou mer esou vill méi méiglech Kräfte mussen bündelen, fir weiderzokommen. Sou dass ech mengen, dass mer eis do richtig opgestallt hunn.

Ech mengen, zum Projet vun der École de la deuxième chance hu meng Virriedner esou gutt geschwat. D'Zil ass et selbstverständlech, déi Jonk, déi kommen, entweder an d'Schoul zrëckzeorientéieren oder op den Aarbechtsmaart. Dat sinn zwou Sorties favorables, positives aus där Struktur.

Mir hunn och eng Zäit diskutéiert, wat dee richtigen Alter ass, fir déi Jonk an där Schoul opzehuelen. Mir hunn optéiert, fir ze soen, soubal wéi d'Schoulpflicht eriwwe ass.

Ech mengen awer, dass mer eis alleguerde bewosst sinn, dass et wichteg ass, dass d'Démarche, fir an eng École de la deuxième chance ze kommen, vun deene Jonken ausgeet. Et huet kee Wäert, een an esou eng Schoul ze forcéieren. Dee muss sech selwer mobiliséieren a motivéieren a wëssen, dass en eng Chance kritt, fir säi Liewen nei ze organiséieren, sech eng Struktur ze ginn, sech e Projet de vie ze ginn, an dass dat kee Wäert huet, wann ee just voller Flemm an der Schoul opgehalen huet. Ech mengen, dass een do en Temps de réflexion brauch, fir sech dohinner op dee Wee ze maachen.

Ech soen emol Merci fir dee breede Konsens hei fir dat Gesetz. Ech denken, dass mer geschwë kënnen ufänken, dass mer d'Infrastrukturen och hunn, fir an där École de la deuxième chance unzefänken. Mir hatten domat gereicht am Joer 2010, also net elo d'Rentree 2009, mä am Joer 2010.

Ech wënschen deenen zukünftige Responsabele vun där Schoul, all deene Leit, déi sech do engagéieren, an hiert Engagement muss grouss sinn - dat ass eng Aarbecht, déi eng grouss Force de caractère an eng grouss Mobilisatioun bedeit -, ech hoffen, dass se deenen Erwaardungen, déi hei ausgedréckt sinn, gerecht ginn, an dass mer domadder een Instrument méi schafe fir d'Insertioun, fir e gelongene Parcours vun deene Jonken, déi hei zu Lëtzebuerg sinn. Dat ass et derwäert, an all Steen, deen eng Kontributioun dozou kann droen, deen ass et derwäert. Merci.

Ech wollt nach ee Wuert soen zur Motioun. Ech hu se zwar nach ëmmer net gesinn. Also, éischstens hu mer e Service, deen Aidë ka gi fir Schüler, déi an de Lycéeë sinn. Hei an der École de la deuxième chance ass och e System vun Aidë virgesinn, sou dass ech jiddefalls elo net gesinn, firwat mer elo eng Motioun misste stëmmen zu deem dote Sujet.

Duerfir géif ech der Chamber soen, si soll soen, dat wär eigentlech de Moment net oportun. Wa mer gesinn, dass déi Aiden, déi mer hunn, net géifen duergoen. Ech wëll och soen, dass déi Subsiden, déi mir ausdeele fir Elève vu Familljen, déi net genuch Revenuën hunn, dass dee Montant substanzuell an d'Luucht gesat ginn ass, an dass mir do grouss Effortë maachen, fir de Familljen ze hëllefen.

Duerfir géif ech mengen, mir sollten déi Motioun do net unhuelen.

Merci fir d'Nolauschteren.

» **Plusieurs voix**.- Très bien!

» **M. le Président**.- Ech soen der Madame Minister Merci. Mir kommen elo zum Vote vum Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Déi perséinlech Stëmme fir d'éischt. Vote par procuration. Et feelt nach ee Vote.

(**Interruptions et hilarité**)

De Vote ass ofgeschloss.

Madame Minister, Äre Projet ass eestëmmeg mat 59 Jo-Stëmmen ugehall.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener (par M. Marcel Oberweis), Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes (par Mme Martine Stein-Mergen), Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber (par Mme Christine Doerner), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank (par M. Laurent Mosar), Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par M. Roland Schreiner), Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Romain Schneider), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel (par Mme Colette Flesch), Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens (par M. Fernand Etgen), Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. Félix Braz), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen);

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(**Assentiment**)

Dann ass et esou décidéiert.

Motion 1

D'Motioun, déi vum honorabelen Här Jaerling déposéiert ginn ass, déi hir fënnef Ënnerschrëften huet. Kënnen par main levée doriwwer ofstëmmen?

(**Assentiment**)

Jo, da maache mer dat esou. Wie fir déi Motioun ass, ass gebieden, d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

» **Une voix**.- Déi ganz Fraktioun!

» **M. le Président**.- Ech gesinn, den Här Jaerling ass allein auf weiter Flur.

Wien ass dergéint? Déi Gréng?

(**Interruption**)

Dir enthaalt Iech.

(**Brouhaha**)

An déi Liberal och.

» **Une voix**.- Déi Rout-Wäiss-Blo och.

» **M. le Président**.- Ech hat gemengt, ech hätt en negative Vote gesi gehat, mä dat wollt Enthaltung heeschen.

(**Brouhaha**)

Domat - et deet mer leed, Här Jaerling - ass Är Motioun awer trotz allem gudde Wëlle vu ville Säiten ofgelehnt.

Mir kommen dann, Dir Dammen an Dir Härren, zum nächste Projet. Dat ass deen iwwert d'Maison de soins zu Veianen.

Fir d'éischt huet d'Madame Minister Marie-Josée Jacobs d'Wuert, fir den Dépôt vun engem Projet de loi, huelen ech un.